# Kongressbericht

# 2024

# 08. Mee 2024 zu Diddeleng (Lycée Nic Biever)

## Begréissung duerch den FLTT-Präsident, André HARTMANN:

Virum eigentlechen Ordre du jour, géif ech ganz gären eng Gedenkminutt halen, fir all eis verstuerwe Memberen, déi eis zënter dem leschte Kongress verlooss hunn. Ech denken do ganz besonnesch un de Pitt OESCH.

Hie war lizenzéiert beim Dëschtennis Nidderpallen. De Pitt war eng dreiwend Kraaft entre autre als Tresorier bei der Organisatioun vun de Feierlechkeete vum 50. Anniversaire vun der Federatioun. Wärend 32 Joer war de Pit Member respektiv Präsident vun der FLTT Mutuelle. An de leschte Joren huet de Pit sech voll agesat fir d'Integratioun an d'Caisse de Secours Mutuelle des Sportifs. Viru senger Zäit an der Mutuelle war de Pitt eelef Joer a verschidde Kommissiounen aktiv. Wéinst senge laangjärege Verdéngschter fir den Dëschtennisverband ass de Pit säit Jore Member vum Comité d'honneur vun der FLTT.

Dann hutt eis rezent den Henri MEYERS verlooss.
Den Heng war Member vum DT Éiter vun 1979 bis 2010, duerno war hie Member vum Fusiounsveräin Éiter-Waldbriedemes bis zu sengem Doud. Den Heng war iwwer Joren a ville Kommissiounen aktiv, laang Zäit war den Heng och verantwortlech fir d'Zesummestelle vum BIO. Wéinst senge laangjärege Verdéngschter fir den Dëschtennisverband ass den Heng säit Jore Member vum Comité d'Honneur vun der FLTT.

Ech bieden iech e Moment opzestoen, fir alle Verstuerwenen ze gedenken.

Merci.

Mir kommen dann zum eigentlechen Ordre du jour, deen ufänkt mat der Begréissung duerch de Veräinspresident vum Dëschtennis Diddeleng, dem Organisateur vun dem 83. Kongress, dem Marvin Divo.

## 1. Begréisssung duerch de Präsident vum DT Diddeleng, Marvin DIVO

Léif Memberen, léif Gäscht, léif Éieregäscht,
Als Präsident vum Dëschtennis Diddeleng ass et mer eng ganz besonnesch Freet, iech hei um 83. Kongress vun der FLTT ze begréissen. Ganz speziell begréissen ech och ganz gären eise Sportsminister, deen nach am Stau steet, eisen Diddelenger Sportschäffe Loris Spina, de Vizepräsident vum COSL Michel Knepper an eise Verbandspräsident. Als Dëschtennis Diddeleng hu mir vill Up an Downs erlieft, haart geschafft fir un d'Spëtzt ze kommen, an nach vill méi haart geschafft, fir ganz laang uewen ze bleiwen. Dës Rees war gepräägt duerch passionnant Dueller, mat fantasteschen Athleten, usprochsvollen Néierlagen a gloräiche Victoiren, déi eis als Club geformt a gestäerkt hunn. Haut kënne

mir houfreg soen, datt et eisem Veräin ganz gutt geet. Och wa mir net mei permanent um Toppodium stinn, si mer nach ëmmer motivéiert, aktiv an engagéiert, an dat besonnesch am Jugendberäich. Eis Jongen a Meedercher hunn dann och am vergaangene Joer aussergewéinlech Leeschtungen ofgeliwwert. Wat mech awer ganz besonnesch freet, ass déi dach momentan ganz grouss Begeeschterung fir den Dëschtennis, an nach méi speziell fir den Dëschtennis Diddeleng. Mir konnten dëst Joer nach vill nei Membere begréissen, an dat ware souwuel nei Talenter, wéi och eeler Spiller, an dat ass ganz schéin, dass eeler Spiller nach den Dëschtennis fir sech entdeckt hunn. Déi sinn dann och direkt mat ganzer Leidenschaft an Engagement gestart, an dat deelweis souguer am Championnat, sou dass mer als Dëschtennis Diddeleng d'nächst Saison eng bis zwou nei Ekippe kréien.

D'Konzept vun eisem Trainingsopbau ronderëm de fréiere Nationaltrainer Peter Teglas huet sécherlech wesentlech zu dësem Erfolleg bäigedroen.

Duerch eng deelweis Erneierung vun eisem Comité hu mer dann och do neien Elan erakritt, sou dass et mir fir d'Zukunft vum Dëschtennis Diddeleng net baange ass.

Ech wëll heimat nach vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir mengem Comité a menger Trainerekipp Merci ze soen. Hiert Engagement an hiert Duerchhalevermëigen sinn d'Pilieren vun eisem Veräin a maachen eis zu deem, wat mir sinn.

Ech wëll awer och eiser Gemeng Merci soen. Mir wëssen, dass et zu Diddeleng net einfach ass, den Ufroen an de Wënsch vun alle Veräiner gerecht ze ginn. Ganz bestëmmt net. Trotzdeem huet d'Gemeng et awer fäerdeg bruecht, dass mir ab September an enger fuschneier Hal wäerte spillen. Dëst wäert eis e klengen zousätzleche Motivatiounsschup ginn, besonnesch den Heemekippen, dat wat mer bis elo nach net haten, fir samschdes an enger eenzeger Hal zesumme kënnen ze spillen. Merci och der Responsabeler vum Lycée Nic Biever fir zur Verfügungstelle vum Festsall fir eise Kongress.
Ech si mer bewosst, dass dëse Kongress verschidden Erausfuerderunge mat sech bréngt. Mir däerfen awer trotz den ugereegten Diskussiounen, déi mir haut den Owend wäerte kréien, net vergiessen, dass mir all déi selwecht Passioun fir den Dëschtennissport deelen an eis aller Zil ass, den Dëschtennissport héichzehalen. A genau dës Leidenschaft soll den Owend am Mëttelpunkt stoen.

Ech wäert dann och mat menger klenger Begréissung op en Enn kommen, fir dass mir schnell op dat Weesentlecht kënne kommen. Ech wënschen eis e konstruktive Kongress an enger Ambiance vu géigesäitegem Respekt an Toleranz an dat Ganzt am Interessi vun eisem Sport. Merci fir d'Nolauschteren a vill Erfolleg!

***André Hartmann:***
Merci dem Präsident vum Dëschtennis Diddeleng fir seng aleedend Wierder. Ech sinn och frou ze héieren, datt äre Sall am Fong am September fäerdeg ass, dat ass nach eppes, wat jo awer ganz wichteg ass, an dofir soen ech elo schonn der Gemeng e ganz grousse Merci, an dat ass jo och lo dann meng Perche fir weider ze ginn, d'Begréissung vun dem Vertrieder vun der Gemeng Diddeleng, dem Sportschäffe Loris Spina.

## 2. Begréissung duerch de Vertrieder vun der Gemeng Diddeleng, Loris SPINA:

Jo, merci, Här Präsident. Am Numm vum Schäfferot vun Diddeleng begréissen ech Iech ganz häerzlech. Ech gesinn de Mikro, dee passt hei besser wéi beim Marvin. Dat ass de Virdeel, wann ee bësse méi kleng ass. Am Festsall vum Lycée Nic Biever, den Här Direkter ass och ukomm, Yves, merci denge Leit fir d’Zurverfügungstelle vun dësem flotte Raum, deen och exzellent gefëllt ass. Dat weist, dass der eng grouss an aktiv Federatioun sidd. Déi zweetgréisst am Land stoung an der Press. Ech hoffen, dass dat dann och esou ass. Op jidde Fall ass dat heiten en impressionnant Bild. Vun menger Säit, d'Carole huet virdru gesot, et ass mol relax, e Walkampf ze suivéieren an dobäi ze sinn bei engem Vott, ouni dass ee selwer concernéiert ass. Effektiv, dat ass eng agreabel Première. De Marvin huet et gesot, ech hoffen och an ärer aller Numm, dass dat fair an anstänneg ofleeft. Am Fong, déi Wäerter, déi der an ärem Sport och virlieft. Déi sollten een och den Owend hei erëmfannen. Also huelt Iech Zäit. D'fräi Nuecht ass ënnerschriwwen, do wäerte mer net an Zuchzwang kommen. Deementspriechend freeën ech mech op e flotten an spannende Kongress. Wëll iech awer net virenthalen, dass der hei zu Diddeleng, wou der hei am Fong sidd, Diddeleng ass déi véiertgréisste Stad. Mir hunn ronn 22.000 Awunner am Moment. Mir zielen iwwer 50 Sportveräiner. Mir nennen eis och gären heiansdo d'Sportsstad vum Ländchen. An do hu mer och ganz flott a ganz vill Infrastrukturen, déi mer mat de Veräiner zesumme bedreiwen. De Marvin huet et gesot, deemnächst um Campus Strutzbierg, net wäit vun hei am Zentrum, geet dann eng nei Hal op, nieft der Schwämm, wou mer do erriichte wäerten. An do ass dann och dem Dëschtennis säin neit Doheem. Dat huet eng ganz Rei vu Virdeeler. Engersäits ass alles op engem Site zesummenzefannen, wat vill Plënnerstress a wat fir d’Material wäert vu Virdeel sinn. Deementspriechend freet iech alleguer op déi nächst Visitten. Hoffentlech wäert der och agreabel, flott a spannend Momenter hei erliewen. Deementspriechend soen ech iech op jiddefalls scho mol Merci fir d'Kommen a sinn wéi och där gespaant ob de Recht vum Owend an deementspriechend Merci a vill Spaass hei zu Diddeleng.

André Hartmann:
Merci dem Sportschäffe vun der Stad Diddeleng fir seng léif Wierder. An ech menge mir wëssen, datt mer ëmmer wëllkomm hei sinn. Mir ware jo och net méi spéit wéi d'lescht Joer schonn eng Kéier hei. Duerfir begréissen ech och, sou wéi den Loris Spina dat gemaach huet, den Direkter Yves Schmartz, deen elo just och komm ass. Yves, merci, datt mer kënnen hei sinn. Wéi gesot, nach eng Kéier e ganz grousse Merci fir all Ënnerstëtzung fir den Dëschtennis Diddeleng, fir d'Gemeng an dem Buergermeeschter e schéine Bonjour vu mir. Da géif ech wëllen deenen zwee, dem Marvin an dem Loris, e klenge Kaddo iwwerreechen. Dat ass e Merci, fir datt mer konnten hei sinn, an datt se eis och begréisst hunn. Voilà, da géif mer weiderfueren am Ordre du jour. Drëtte Punkt, Réckbléck - Ausbléck vum Verbandspräsident. Ech ginn op de Podium.

## 3. Réck- an Ausbléck vum Verbandspräsident, André Hartmann

Leif Veräinsvertrieder, léif Invitéen, léif Frënn,

Traditionell steet um Ordre du jour vun der FLTT no der Begréissung vun dem lokale Veräin an och vum Buergermeeschter, dat ass en Vertrieder vun där Stad, wou mer da just sinn, dem President säi Réckbléck op dat vergaangent Joer, awer och dem President säin Ausbléck:

Ech wäert a mengem Ausbléck op déi lafend Viraarbechte vum Comité Directeur a vun den eenzele Kommissiounen agoen. Dësen CD huet Responsabilitéit gewisen an huet d'Zukunft virbereet. Am Bio vun de leschte Wochen konnt Dir am Detail den Tätegkeetsbericht vun der Verbandsverwaltung liesen an Iech e Bild maache vun deem risegen Aarbechtsopwand, deen d'Dëschtennisfederatioun d'lescht Joer gemeeschtert huet. Säit dem Kongress zu Waasserbëlleg huet eist Sekretariat 51 mol e Bio erausginn, mat Kommunikatiounen an Informatiounen un d'Veräiner, Rapporte vum Comité Directeur a vun de Kommissiounen, Invitatiounen, Pressecommuniquéen, Virschauen, Fotoreportagen, etc., etc. De Gros vun deene Rapporten a Kommunikatioune si gemaach ginn, vun eisem Generalsekretär, dem Romain Sahr, a vun de Präsidente vun deene verschiddene Kommissiounen am Benevolat. Dofir gëllt mäin éischte Merci alle Membere vum Comité Directeur, déi sech auszeechnen duerch hiren enormen Asaz, hir Kompetenz an hir Disponibilitéit fir de Lëtzebuerger Dëschtennis.

Zwee Membere wëll ech ganz besonnesch ervirsträichen, déi hir Kandidatur fir den CD net erneiert hunn a Plaz maache fir méi jonk Kandidaten. Dat ass de Jean-Marie Linster an de René Senninger. Mir kommen am Punkt vun den Éierungen zum Schluss vum Kongress op hiren Engagement zeréck, mee elo scho vu menger Säit e risege Merci fir dat, wat Dir fir den Dëschtennisverband geleescht hutt. Merci.

Bei mengem Réckbléck an Ausdréck fänken ech un mat deem wichtege Ressort vun de *Finanzen*. D'Responsabilitéit vun de Finanzen läit beim Tresorier a beim Comité Directeur. De Camille Gonderinger assuméiert déi Aufgab am Benevolat säit e puer Joren zur vollster Zefriddenheet vun alle Veräiner. Assistéiert gëtt de Camille a senger Aarbecht vum Sekretariat. D'Finanzsituatioun ass generell gutt a gesond. Fir d'Zukunft ginn et awer e puer Erausfuerderungen, déi mir gemeinsam upake mussen. Eisen Tresorier de Camille geet am Finanzbericht op den Detail an. D'Finanzgestioun vun enger grousser Sportfederatioun, ech halen ee Momentche stall, ech begréisse ganz häerzlech de Sportsminister, de Georges MISCHO. Wëllkomm, Här Minister. Ech si grad a menger Ried amgaangen iwwert de ganz dichtege Volet ze schwätze vun de Finanzen. Dir kënnt Iech et virstellen, datt dat och eng Suerg ass vun eis. D'Finanzgestioun vun eiser grousser Sportfederatioun, wéi déi vum Dëschtennis, mat siwen Employéen am administrativen a technesche Beräich, mat enger steigender Zuel vu sportlechen Deplacementer, vu Senioren an ëmmer méi och bei der Jugend, ass quasi e full-time Job. Fréier oder spéider musse mir am Sekretariat eng Persoun astellen, fir deen Job professionell kënnen ze maachen. Do geet kee Wee der lanscht. De Sportsministère an den COSL ënnerstëtzen de Verband finanziell iwwer ordinär an extraordinär Subsiden, ouni déi mir net funktionéiere kéinten. Dofir e ganz grousse Merci un de Sportsministère an un den COSL fir all finanziell Ënnerstëtzung, och déi iwwert de Wee vum Nation Branding. All eis Veräiner begréissen déi finanziell Ënnerstëtzung am Beräich Qualité-Plus, an déi erweidert d'Méiglechkeeten am Congé sportif fir Benevollen. Sou konnt d'FLTT rezent bei der Organisatioun vum World Table Tennis Tournoi an der Coque dovunner profitéieren.

Merci fir déi Hëllef. Mä fir d'Zukunft ginn zousätzlech Moyene bei der FLTT gebraucht. Niewent dem Opstocke vum administrative Personal muss investéiert ginn an zousätzlech Technikpersonal, sprich Trainer. Niewent eiser zentralistescher Kaderpolitik gëtt den Training an de Coaching op de Weltturnéieren ëmmer méi individualiséiert, sprich mir brauche méi Trainer respektiv Coachen. Mir mussen eis Promotiounsaktiounen iwwer Land ausbauen. Dat bedeit méi Encadrement. D'FLTT huet an de Reunioune mat dem Sportsminister a mat dem COSL besonnesch insistéiert, fir am Jugendleeschtungssport méi an nei Moyene bereet ze stellen. Den neie Sportsminister, dee vum Fach ass, weess, ouni konsequenten a qualitativ héichwäertegen Opbau am Jugendberäich, kee Leeschtungssport oder Héichleeschtungssport am Erwuessene Beräich.

A mengem weidere Réckbléck an Ausbléck ginn ech e bësse méi am Detail op d'Aktivitéite vun der *Commission technique*.

De Ralf Greis stoung mat senger Kommissioun ëmmer nees am Kontakt mat de Veräiner. D'Zeeche stinn a stoungen op Innovatioun. Zum Beispill am Beräich Dammendëschtennis. An deene leschten zwee Joer ass zesumme mat den Dammen a Meedercher eng Reform vum Dammechampionnat a vun der Coupe des Dammes diskutéiert an erfollegräich ëmgesat ginn. Esou ass den Dammechampionnat vum klassesche Ladies and Girls Day getrennt ginn, an den Dammechampionnat gëtt nees separat gespillt. Dat mat Succès, direkt zwielef Ekippen an dräi Divisioune waren ageschriwwen. An der Nationaldivisioun bei den Damme sinn d'Halleffinallen an d'Finall op deem selwechten Dag agefouert ginn, och ass de Golden Match agefouert ginn. An der Coupe de Luxembourg bei den Dammen ass den Zäitplang vu Véierels- an Halleffinallen ugepasst ginn, fir eng besser Visibilitéit ze erreechen. Alles nei a positiv Mesuren am Interêt vum Dammendëschtennis. Een anert Beispill vun Innovatioun fanne mir am Seniorschampionnat um Niveau vun der National League. An Zesummenaarbecht mat alle Veräiner aus der NL1, NL2 an NL3 ass eng Restrukturéierung vum Championnat diskutéiert, decidéiert an ëmgesat ginn. Et goufen Ännerungen um Playoff an um Playdown an der National 1. An der National 1 si Véierelsfinallen agefouert ginn, amplaz vun enger Zwëschegrupp. Vum Best of Three ass de Best of Two komm mat engem Golden Match. An der sechster Divisioun vum Seniorschampionnat ass dee méi flexibele Schwäizer System agefouert a bäibehale ginn, fir méi einfach nei Matcher ze generéieren an domat de ville Forfaiten entgéintzewierken. Den Diskussiounsprozess mat de Veräiner zum Klassement System ass weidergefouert ginn. An zwee Workshoppen 2023 an 2024 goufen d'Veräiner gefrot fir zesummen un engem System ze schaffen, deen net méi op Plus- a Minuspunkten opbaut, mee op dem Performance System. Dësen neie System soll um nächste Reglementekongress presentéiert ginn. Fro fir de *Commission Technique* Ausbléck. Wat huet d'CT an der Kontinuitéit fir déi nächst Jore geplangt?

Thema Coupecompetitiounen. An engem éischte Mail un d'Veräiner am September 2023 ass gefrot ginn, wisou d'Veräiner déi verschidde Coupecompetitioune wéi Coupe Mierch oder Coupe Pink net spillen? Et ass geplangt, fir an der Saison 24-25 e Workshop mat de Veräiner ze maachen, fir nei Weeër ze fannen, fir d'Coupecompetitioune méi attraktiv ze maachen.

Thema Reglementer. Vill vun Iech Veräiner ruffe bei der Verbandspermanence oder bei eisem Informatiounszenter un a profitéiere vun dësem Service säit Joren. Op dëser Plaz e grousse Merci dem Camille Gonderinger an dem Jean-Marie Noël, eisem Competition and Organisation Manager, fir hiert oppen Ouer a fir hier Hëllef bei de Veräiner. Zu deene verschiddene Reglementer, déi zimmlech komplex sinn, gëtt et reegelméisseg Froen oder Onsécherheete bei de Veräiner. Mir wëllen de Veräiner eng zousätzlech Offer bidden, fir op komplex Froen zu de Reglementer vereinfacht Äntwerten ze ginn iwwer en neien Tool, den Frequently Asked Question heescht, dee soll op dräi Sproochen ugebuede ginn. An der lafender Saison si schonn Tester gemaach ginn, fir ze kucken, wéi dat kéint ausgesinn. Also eng Weiderhëllef a Vereinfachung fir d'Veräiner steet aus.

Am nächste Réckbléck an Ausbléck kucke mir op d'*Commission Sportive*, déi vum Gilles Reegener säit véier Joer geleet gëtt. Fir d'éischt e Bléck op d'Tournoien. Fir de Spiller e sportlech interessanten Tournoissystem ze garantéieren a besonnesch de Veräiner d'Organisatioun vum Tournoi ze vereinfachen, huet d'CS Upassungen um Tournoissystem proposéiert an ëmgesat. Gläich innovativ ass d'Entwécklung vun engem neien Tool, der neier Tournoi Web App, déi niewent der organisatorescher Vereinfachung och fir de Spiller an Zuschauer eng quasi live Informatioun zum aktuelle Stand vun de Kompetitiounen ubitt. Manner Formulairë a méi kuerz Delaie vereinfachen och Tournoisorganisatiounen. Mir stelle fest, datt d'Zuel vun de Spiller op den Tournoien an d'Luucht geet, an d'CS huet vill méi Demandë vu Veräiner fir Tournoien ze organiséieren. Verschidde Veräiner organiséieren esouguer en zweete Senior- an en zweete Juniorstournoi. Dat bewäerte mir ganz positiv an dat kann deen neie Renner ginn am Lëtzebuerger Dëschtennis. D'Organisatioun vun den individuelle Landesmeeschterschafte bei de Senioren ass ëmmer nees en Challenge. De Splitting vun der A-Kategorie an den BCD-Kategorië war en Test. De Bilan vun dëser Testveranstaltung ass gemaach ginn mat de Veräiner respektiv mat de Spiller. Ännerungsvirschléi si gréisstendeels berécksiichteg ginn. Mat e puer organisatoreschen Upassungen ass d'CS gewëllt, bei dëser neier Opdeelung ze bleiwen an esou zwee Top-Eventer dorauser ze maachen an enger Top-Location. D'A-Landesmeeschterschaft soll an der nächster Editioun nees als K.O. Kompetitioun gespillt ginn. Et gëtt och eng B-Landesmeeschterschaft fir Damme gespillt.

Komme mir elo zu dem Beräich vun der CPSP, déi ënner der Regie stoung vum Philippe Moulin.

D'CPSP huet e Mammutprogramm opgestallt an ëmgesat. An den leschten zwee Joer sinn insgesamt véier veräinsoppe Regionalléiergäng organiséiert ginn, zu Réiden, Berbuerg, Fréiseng a Recken. D'Zil war et Jugendlecher aus e puer Veräiner zesummenzebréngen an ze fërderen. Parallel zum Training ass eng Kidscoach Ausbildung ugebuede ginn. Dës Initiativ war e groussen Erfolleg mat 149 Participanten um Training an 41 Persoune fir de Kidscoach.

Weider esou Aktioune si schonns geplangt, Enn Mee ass déi nächst zu Wëlwerwolz.

D'CPSP huet e Maximum vu Promotiounsaktiounen nees gemaach, no där Zäit, wou mer an der Pandemie waren, wou déi gestoppt gi sinn.

Niewent dem Wibbel an Dribbel, respektiv dem COSL-Spillfest, ware mir beim Clever Move Day um INS, bei der Porte d'Ouverte vun der Coque, um LASEP Dëschtennisfest, op dem LASEP Réckschlagspillfest, mat de Maison relaise vun der Fondation Elisabeth, sinn zu Fréiseng a Biissen mat de Veräiner aus der Regioun zwee Schnupperdeeg organiséiert ginn. D'Fro ass elo am Raum, wat huet d'CPSP fir déi nächst Saison geplangt?

Ma jo, regional Léiergäng gi gekoppelt mat enger Trainerausbildung, dat gëtt weidergefouert, an d'Zesummenaarbecht mat der Kaderkommissioun, ginn déi wéchentlech regional Traininger relancéiert, dofir brauche mer interesséiert Veräiner. Den Projet Schnupperdeeg mat de Maison relaise gëtt ausgebaut. Hei maache mir en Appell un d'Veräiner, fir sech an der Ëmsetzung ze bedeelegen. Mir envisagéieren och d'Zesummenaarbecht mat der Croix Rouge, der Caritas an Arcus. Zesumme mat der *Commission des relations publiques* soll d'Aussenduerstellung vun der FLTT a vun eiser Sportaart gestäerkt an ausgebaut ginn um Niveau vun dem Internet a vun de soziale Medien.

Als nächst kucke mir zesummen an de Beräich vun der CCF, der *Commission des Cadres Fédéraux*, an der Kaderpolitik, déi säit ville Järe mat vill Erfolleg vum Henri Dielissen geleet gëtt. Den Aarbechtsopwand an der CCF ass an de leschte Joren drastesch an d'Luucht gaang, dat besonnesch duerch dräi Facteuren. Éischtens, zousätzlech Kooperatioun a Koordinatiounsaarbechten am Kader vum Sportlycée, zum Beispill bei de Gespréicher a Bilanen mat der Direktioun vum Sportlycée a mat den Eltere vun de Jugendlechen. Zweetens, zousätzlech Kooperatioun a Koordinatiounsaarbechten am Kader vun deem nei geschafenen INAPS. INAPS ass déi nei ENEPS, wou et ëm d'Trainerformatioun an d'Arbitterformatioune geet. Hei ass zum Beispill bei der interner Gestioun vun der Trainerausbildung vill Zäit am Fong investéiert ginn. Drëttens, de grousse Plus vu WTT Participatioune vun eise Senioren a vun eise Jugendspiller bedéngt och permanent méi Organisatioune vun Trainerbesetzungen a Bereetstellunge vu Coachen. Den Heng gëtt a senger Aarbecht encadréiert a completéiert duerch den Trio Thews, Sahr a Moulin.

De Sportdirekter Heinz Thews ass verantwortlech fir d'Leeschtungssportkonzept vun der FLTT an hei fir d'Erstelle vun de konzeptuellen Dokumenter fir de Sportsministère, fir d'INAPS, zum Beispill de Contenu vun der Trainerausbildung, d'Ausschaffen vun dëschtennisspezifeschen Entwécklungsmodeller, dem sougenannten LTAD Modell, Long Term Athlete Development. Den Heinz ass awer och verantwortlech fir d'Struktur an d'Besetzung vun den Trainerposten. Sou sinn ënnert senger Regie Kontakter zum neien Nationaltrainer Ryan Jenkins gemaach ginn. De Ryan Jenkins ersetzt bekanntlech de Peter Engel, den ab Juli an d'Pensioun geet. Mat dem Ryan Jenkins hu mir e jonken a kompetenten Trainer an eise Reien, dee selwer op héchstem Niveau wärend laange Jore fir d'Nationalekipp vu Wales gespillt huet a bis zu sengem Engagement hei zu Lëtzebuerg beim englesche Verband eng féierend Roll gespillt huet. Rezent hu mer d'Nouvelle kritt, datt de Mirko Habel eis als Verbandstrainer verléisst. Dem Mirko e ganz grousse Merci fir seng gutt Aarbecht mat der Jugend. Mir hu schnell reagéiert an hunn d'Opportunitéit genotzt, fir de Fransous Vincent Aumoitte als Verbandstrainer ze engagéieren. De Vincent huet am leschte Joer zur vollster Zefriddenheet vum Trainerteam schonn ausgehollef. Niewent dem Heinz Thews ass de Romain Sahr als Generalsekretär mat sengem Wëssen a senger Kompetenz e wichtegen Acteur an der erweiderter

Sportsdirektioun. De Rom ass eng wäertvoll Hëllef bei der Redaktioun vu Kontrakter, vu villen Dokumenter a Bréiwer wéi Fräistellunge bei de Schoulen, allgemeng oder individuell Färderanträg beim Ministère, INAPS, COSL, Arméi, Sportlycée. Den drëtten am Bund, wéi ech soen, ass de Philippe Moulin, deen am B an C Kaderberäich fir d'Koordinatioun vum Training a vun de Kompetitioune bei der Jugend zoustänneg ass. De Philippe huet zudeem iwwert d'Organisatioun vun de regionale Léiergang am Kader vun der *Commission de la promotion du sport pongiste* och de Bléck op Talentsichtung an Talentfërderung. Am Beräich CCF ass nach ze erwänen, datt an de leschte Méint deen aktuelle Comité Directeur op Demande vum COSL en neit Sportkonzept erstallt a beim COSL virgestallt huet. Et handelt sech hei ëm eng detailléiert Bestandsopnam vun eiser Sportaart an der Lëtzebuerger Gesellschaft. De Lëtzebuerger Modell ass a bleift d'Basis fir eng positiv Entwécklung vum Lëtzebuerger Dëschtennis, mat deene säit Joerzéngte bekannte sportlechen Erfolleger bei de Senioren an deen ëmmer nees villverspriechende gudde Resultater bei der Jugend.
Esou gesinn ganz rezent bei den internationale WTT Tournoien zu Lëtzebuerg, zu Metz an zu Spa, mat Platzéierungen um Podium, Halleffinallen, Véierelsfinallen, Aachtelsfinallen oder Qualifikatiounen an den Haapttableau. Enisa Sadikovic, Maël van Dessel, Aaron Sahr, Philipp Theisen, Gene Wanz, Noah Valente, Loris Stephany, Tom Scholtes an anerer sinn eis grouss Hoffnungen, eis Jugend ass um gudde Wee.

An der Basis vun deene gudde Resultater gëtt geluecht am Sportlycée an am Centre de formation. Am Sportlycée sinn aktuell nonzéng jonk Kaderspiller. D'Zesummenaarbecht mat dem Sportlycée wäert nach méi grouss ginn. D'FLTT wäert d'nächst Joer iwwer zwanzeg Schüler am Sportlycée hunn. De Centre de formation ass d'Kärgrupp vun der Jugendaarbecht a gëtt a reegelméissegen Trainersitzunge mam Sportdirekter evaluéiert a geleet. D'individuell Trainingspläng ginn opgestallt, déi mat deenen anere Belaaschtunge wéi Schoul a Kompetitioun ofgestëmmt ass. Dobäi gräife mir op de Support vum Dual Career zréck, souwéi op Eenzelgespréicher mat den Elteren a mat de Schoulen. Am Réckbléck op déi lescht Saison am Kaderberäich däerf e Bléck op d'Resultater vun eise Kaderspiller net feelen. Mir hunn Zäit net, fir op all eenzelt Resultat anzegoen, mee d'Biller soe bekanntlech méi. Am Hannergrond oder hei op der Säit hutt där reegelméisseg elo gesinn, an enger PowerPoint Presentatioun, wat déi eenzel Resultater sinn. Ech hunn e puer dann elo hei rausgepickt. Op der World Mixed Qualification huet eisen Dubbel Ni/Mladenovic den éischten Dag dräi Matcher op Weltniveau gewonnen an äusserst knapp d'final Qualifikatioun fir Paräis verpasst. Op der Europameeschterschaft zu Malmö hunn eis Dammen hir zwee Gruppematcher géint Wales a Pole gewonnen, awer leider géint Spuenien an der Aachtelsfinall verluer. Bei den European Games zu Krakau haten eis Athlete kee gudden Dag erwëscht an hu sech leider net fir Paräis qualifizéiert. Op de Spiller vun de Klenge Länner, zu Malta, niewent dräi Bronze an dräi Sëlwermedailen, huet den Dubbel Glod/Mladenovic eng Goldmedail gewonnen am Hären Dubbel. Op de WTT Tournoien waren eis Athleeten nach ni esou erfollegräich wéi dës Saison. Eisen Dammen Dubbel huet hir Weltklass bestätegt. Derbäi kënnt eise Weltklasse Mixed Double NI/Mladenovic. Net manner wéi 13 mol stoungen Ni, De Nutte am Mladenovic op engem Podium, Här Minister, dat ass eng eenzegaarteg Visibilitéit a Promotioun fir Lëtzebuerg um Livestreaming an der ganzer Welt.

Nach e Wuert zur Race to Paris op d'Olympesch Spiller. Bei der Dammenekipp a beim Double Mixed ass d'Enttäuschung absolut ze verstoen. Si ware ganz no un enger

Qualifikatioun. Par contre huet d'Ni Xia Lian d'Qualifikatioun quasi an der Täsch. Et spillt elo och nach d'Qualifikatioun op dem Europatournoi, mee d'Chancë si reell, datt Xia Lian nach eng Kéier op den Olympesche Spiller derbäi ass. Dat ass e Risenerfolleg, dat ass eemoleg, dat sinn dann dem Xia Lian seng sechsten Olympesche Spiller no Sydney, Beijing, London, Rio an Tokyo. Bravo, Xia Lian! D'Sara an de Luca kënne sech nach qualifizéieren iwwert de kontinentale Qualifikatiounstournoi, deen d'nächst Woch gespillt gëtt, oder iwwert de World Ranking, an do ass entscheedend de Klassement Ugangs Juni.

Ech kommen zum Enn vu menger Ried a soen jidderengem, deen de Verband representéiert, dat sidd an éischter Stell dir, d'Veräiner mat äre Memberen, e ganz grousse Merci. Mir sinn aktuell zu 75 Veräiner, dat ass ee Veräi manner wéi d'lescht Joer, doduerch geschitt duerch d'Fusioun vu Bech-Maacher an Ierpeldeng zum Dëschtennis Scheierbierg. Mir hunn en Total vu 4534. Säit dem 1. Juli 2023 goufe 405 nei Lizenzen ausgestallt. Dat ass zeréckzeféieren op déi vill Promotiounsaktiounen, déi mer gemaach hunn, an dat soll och weidergefouert ginn. Merci alle Verbands- a Veräinstraineren, allen Arbitteren an Dirigenten. Mäi Merci geet awer och un eise professionelle Staff am Sekretariat, deen eng exzellent Aarbecht mécht an eis vollste Vertrauen huet.

Eng gutt Noricht zum Schluss. Wann alles klappt wéi geplangt, da kritt eist Sekretariat an den nächste Méint eng personell Verstäerkung. Mir hu mëndlech Zousoe vun de staatlechen Instanzen, fir e Posten als Chargé de développement et de formation bäizekréien. Domadder hätte mir eist éischt Zil fir eng méi grouss Professionaliséierung erreecht. Et lafe konkret Kontakter a Gespréicher. Ech wëll hei op dëser Plaz e ganz grousse Merci soen, dem fréieren, awer besonnesch dem aktuelle Sportsminister, respektiv der INAPS, souwéi och dem Unterrechtsminister fir hir Hëllef.
An dat wäert der FLTT och hëllefen. En aneren extra Merci geet un all Benevollen, déi op de grousse Meeschterschaften an Tournoien eng Hand mat ugepaakt hunn. Besonnesch erënneren ech un déi grouss Hëllef a Solidaritéit bei der Organisatioun vum éischten World Table Tennis Youth Contender an der Coque virun dräi Wochen. Ouni déi 75 Fräiwëlleger hätte mir net dee Succès erreecht. Bravo fir de Benevolat vun deene Leit. Last but not least wëll ech och déi exzellent Kooperatioun vun der FLTT mat dem China Table Tennis College ervirsträichen, der LASEP, der LASEL, Special Olympics an de Paralympesche Comité. Déi Zesummenaarbecht ass gutt a wäerte mir och weider féieren.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, ech konnt net op alles agoen. Wann nach Froen do sinn, zéckt net fir nozefroen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren a wënschen dem Kongress e gudden a spannende Verlaf. Villmools Merci.

Esou, ech géif dann direkt d'Wuert weiderginn un de Sportsminister, de Georges Mischo. Merci.

## 4. Usprooch vum Sportsminister, Georges MISCHO, :

Här Sportschäffen, léif Vertrieder aus dem Schäffen a Gemengerot, Här President, léif Veräinsmemberen, léif Vertrieder vum COSL, villmools Merci mol fir d'Éischt fir

d'Invitatioun an entschëllegt, dass ech fir de Wee vun der Stad heihinner eng Stonn a fënnef Minutten gebraucht hunn. Et war natierlech och nach verbonne mat engem Accident, d'Diddelenger Autobunn ass schonn net einfach, gell, Loris? An dann och nach, wann en Accident ass, da gëtt et natierlech nach e bësse méi hefteg. Mee soit, villmools Merci, wéi gesot, nach eng Kéier fir d'Invitatioun. Owender wéi deen heite weisen ëmmer erëm, wéi wichteg d'Aarbecht vu Sportfederatiounen an natierlech och vun der Dëschtennisfederatioun an hire Veräiner ass. 2024, de President huet et schonn erwäänt, ass e wichtegt Joer fir d'FLTT, virun allem op internationalem Plang. Den 10 Gebuertsdag vun der CTTC-E, dee mer Mëtt Abrëll um Sportsministère gefeiert hunn, de Youth Contender Enn Abrëll an der Coque a natierlech och e puer potentiell Athleetinnen an Athleten fir d'olympesch Spiller zu Paräis. All dëst si Beispiller vun der sportleche Excellenz déi d'FLTT zënter Joren opbaut a fërdert an déi mer als Sportministère natierlech selbstverständlech mat ënnerstëtzen.

Ech sinn als Fan an als Sportsminister natierlech begeeschtert, wa mär super Leeschtungen op héijem internationalen Niveau erreechen. Dat ass awer fir mech d'Kiischt um Kuch, well de Kuch, dee muss mol fir d'eescht gebak ginn. Eng stabil Basis ass natierlech och an all Sportaart d'Viraussetzung. D'Haus Sport Lëtzebuerg, dat muss op engem staarke Fundament stoen, fir dass vun ënnen erop nach méi international Topleeschtunge kënne bruecht ginn.

Mir ass et dofir wichteg als Sportsminister, dass d'Basis gestäerkt gëtt, fir eng gesamtgesellschaftlech Sport- a Beweegungspolitik op- a weider auszebauen. An hei spillt d'Zesummenaarbecht tëschent dem Sportministère, dem COSL, de Federatiounen an de Veräiner, mee och de Gemengen an allen Acteuren am Sportberäich eng Schlësselroll. Mir brauchen héichwäerteg Programmer, déi de Sport an d'Beweegung fir jidderee fërderen. Eis Veräiner sinn extrem wichteg, well déi mat de Federatioune d'Réckgrat vum Lëtzebuerger Sport sinn. Dat geet iwwer de Sportlycée bis an de professionelle Sport am Veräinsliewen. Mir sinn e klengt Land, mir sinn an dem Sënn ganz no beieneen, dat ass eis Stäerkt, déi mer awer och mussen notzen. Eng Vernetzung vun de Sportorganisatiounen um kommunalen an nationalen Niveau ass onëmgänglech. Et ass mir awer och wichteg, dass eise Federatioune gehollef gëtt, sech nach kënne méi professionell opzestellen.

Do sinn deemno 2,5 Milliounen Euro am 2024er Budget méi virgesinn, an dat bilt erëm eng staark Basis, fir eis Sportlerinnen a Sportler optimal ze ënnerstëtzen. Mir wëllen nieft dem Sport fir jiddereen, natierlech och eise professionelle Sportlerinnen a Sportler, déi bescht Méiglechkeete bidden, fir ze trainéieren an ofzeliwweren, wann si eis Leit
bei nationalen an internationale Kompetitiounen representéieren. All dat huet natierlech säi Präis. An dat ass e Volet, deen dacks genuch ze kuerz kënnt. Dofir wäert ech ëm all Euro kämpfen, well ech dervunner iwwerzeegt sinn, dass musse méi Suen an de Sport an an d'Beweegung kommen. Well do steet och hannendrun, dass datt een Impakt op d'Sécurité sociale huet, op d'Gesondheet vun eise Sportlerinnen a Sportler, vu jonk bis al.

An dat muss endlech bei alle Leit ukommen, dass de Sport net nëmme Fräizäit ass, mee dass en och derzou bäidréit, dass ee méi gesond gëtt, dass ee méi gesond bleift, obwuel, an souwuel physesch wéi och mental, an dass dat an d'Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg

eng énorme plus value wäert bréngen. Villmools Merci dofir iech alleguerte fir en onermiddlechen Asaz fir de Sport, natierlech fir den Dëschtennis am Allgemengen, an am Numm vum Lëtzebuerger Sport an als Lëtzebuerger Sportsminister sinn ech ganz frou, dass déi heite Federatioun, genau wéi Är Veräiner, optimal funktionéieren, a vun jonk bis aal all déi Sportlerinnen a Sportler ënnerstëtzt. Ech wënschen Iech alleguerte e flotten Owend, an virun allem en erfollegräiche Kongress. Villmools Merci.

***André Hartmann:***
Merci dem Sportsminister fir déi encouragant Wierder. Ech menge mir waren als Verband am Februar am INS, wou mer iwwert alleguerten eis Doleancë geschwat hunn. D'Doleancë si bekannt, mee op d'Hëllef vum Sportsministère kënne mer awer rechnen, well eben och dann awer all Efforte gemaach gëtt, fir de Sportsbudget am Fong geholl déi Moyenen ze ginn, déi d'Verbänn an och besonnesch Dëschtennisfederatioun am Fong gefrot hunn, respektiv op deem Niveau, wou mir haut spillen, respektiv och mat der Jugend ëmmer méi mussen investéieren. Dat ass am Fong eppes, wat ee Must ass. An dofir si mer ganz confiant, datt mer am Fong geholl an enger ganz gudder Kollaboratioun Dëschtennisfederatioun an de Sportsministère weider an der Zukunft schaffen, fir am Fong geholl no vir ze kommen an op deene Resultater kënnen opzebauen, déi eis Seniore maachen, wou eis Jugendlecher elo an de Foussstapfe sinn. Villmools Merci dofir. An ech ginn direkt dem Michel Knepper d'Wuert fir am Numm vum Comité olympique e Message un eis ze ginn. Villmools Merci.

## 5. Usprooch vum Vize-Präsident vum COSL, Michel KNEPPER

Här President, léif Membere vum Conseil, léif Veräinsvertriederinnen a -vertrieder, léif Eiregäscht, virop wëll ech Merci soen fir d'Invitatioun, fir op d'Assemblée Générale invitéiert ze ginn, fir datt et fir eis eng Selbstverständlechkeet ass, fir Är Aarbecht ze honoréieren. Iwwregens, et ass de fënnefgréisste Verband, et ass gesot ginn, 75 Veräiner, 4534 Lizenzen, dräi eenzel Athleeten, zwee Dubbelen an Dammen Nationalekipp am COSL Elitekader, dräi Athleten am Promotiounskader, an hoffentlech dann vläicht dräi Athleten op den Olympesche Spiller zu Paräis. Mir mengen dat wënsche mer Iech op alle Fall. Mee wéi bei ville Verbänn, ass och bei der FLTT en Generatiounswiessel um sportleche Niveau amgaangen. A mir kënne feststellen, dass de Verband mat senge Veräiner, an eisen Aaen gutt opgestallt ass, fir den Challenge an den nächste Joren unzegoen. Felicitatiounen och duerfir, vun eiser Säit aus, fir de Youth Contender Mëtt Abrëll an der Coque, mat iwwregens och gudden lëtzebuerger Resultater.

All äer sportlech Erfolleger an Resultater weisen d'Responsabilitéit vum Verband op, awer och d'Wichtegkeet vun enger enker Zesummenaarbecht mat de Veräiner.

A fir eis vum Comité Olympique gëllt et haaptsächlech an den nächste Joer méi Suen an d'Verbänn an och an d'Veräiner ze kréien, well mir schwätzen ëmmer vun Professionalitéit an eisem Sport. An ech mengen dat ass wierklech d'Haaptziel, wat mer sollen am Aa behalen, fir de Verbänn an de Veräiner déi Méiglechkeet och dann wierklech ze ginn, net ëmmer nëmmen dovun ze schwätzen, mee dass wierklech déi Suen och endlech dann ukommen, dass mer eis kënnen esou opstellen, wéi mer dat gären hätten.

De Comité olympique schafft och hei am enken Austausch mam Sportsminister a senge Leit, dorunner och fir de Stellewäert vum Sport an eiser Gesellschaft weider ze promouvéieren. An hei schwäetzen ech net nëmme vum Leeschtungssport, mee och vum Breedesport am Allgemengen, an dass mer kënnen de Budget an den nächste Jore weider ausbauen.

Leider ass deen Domän, an der Vergaangenheet net ëmmer entspriechend wäertgeschätzt ginn, wann een dat am Staatsbudget vergläicht géint aner Domänen, déi an dësem Domän ëmmer e bësse besser ewechkomm sinn, wéi de Sport. Mee wéi heescht et esou schéin? Never give up. Mir wäerte kämpfen. Ech menge mir sinn alleguerten am Sport, do si mer dat gewinnt. An mir sinn zouversiichtlech, well net méi laang oder net méi spéit wéi de leschte Wanter si mer mam Sportsminister, mam neie Sportsminister, mat senge Leit, an engem oppenen Dialog, an engem respektvollen an transparenten Ëmgang matenaner, fir am Sënn vum Lëtzebuerger Sport am Breedesport weider kënne virunzekommen. Et soll just e puer Projeten zitéieren, wéi zum Beispill den Impuls, wou mer um Projet schaffe fir d'Sportskoordinateuren an de Gemengen, fir wierklech eng Struktur do dranzekréien, eng kohärent Struktur do dranzekréien, fir och do de Sport am Allgemenge weider ze kréien. En anere Punkt ass zum Beispill dat integréiert Sportskonzept, dat vun 2014 datéiert, wou mer amgaange sinn, an enger Versioun 2.0 ze schaffen, zesummen och da mam Minister. An dat soll et fir eis e bësselchen och esou d'Leedfiedem sinn, fir déi nächst Joren. A mer hoffen dann, dass 2029, mat de Spiller vun dee klenge Länner zu Lëtzebuerg, dat ass bal scho muer, dass wierklech en neie Ruck duerch eis Gesellschaft geet an dass jiddereen sech bewosst gëtt, an ech soen net nëmmen d'Gesellschaft, mä och d'Politik, dass jiddereen sech bewosst gëtt fir d'Wichtegkeet an d'Wäerter vum Sport an eisem Alldag.

Merci wëllt ech awer och op dëser Plaz äre Vertrieder an de verschiddenen Organer vum Comité Olympique soen, fir hiren onermiddlechen Asaz fir de Sport, deen haut an eiser Gesellschaft dem Benevolat net méi esou evident ass.

Zum Schluss wëll ech awer och dann nach e bësselche Publicitéit maachen an eegener Saach, muer op d'Christi Himmelfaart, dat 41. Spillfest op de Kockelscheier mat iwwer 50 Atelieren, an d'Wieder schéngt jo op eiser Säit ze sinn. Dir sidd alleguerte wëllkomm. Ech mengen dat ass eng Organisatioun, wat déi beschte Publicitéit ass fir de Sport an de Breedesport wierklech ënner d'Leit ze bréngen. An och hei mäi grousse Merci un d'FLTT, déi wéi all Joer do mat engem Atelier präsent ass.

Zum Schluss wënschen ech dann, d'Saison ass jo schonn amgaangen, awer all Guddes nach fir d'Sportsjoer 2024 an fir elo d'Walen, déi an dësem Kongress wäerten ustoen, e respektvollen Ëmgang matenaner. Merci.

***André Hartmann:***
Ech soen dem Michel Knepper, Vizepräsident vun den COSL, e ganz grousse Merci fir säi Message. Fir eis ass u sech déi Zesummenaarbecht mam COSL op méi Ebene ganz gutt , a mir hoffen, datt mer och esou weider am Fonge kënne fueren. Mir sinn elo natierlech ganz cibléiert op d'Olympiad, a mir hoffen, datt mer wierklech nach deen een oder deen anere kënne qualifizéieren. Wéi gesot a menger Ried, datt d'nächst Woch e ganz entscheedenden Tournoi, d'Qualifikatioun am Eenzel fir Europa ass, an datt do am Fong

geholl eis Athleete wäerten untrieden, fir dann den Ticket ze léisen fir Paräis. Mir hoffen dat. Si hätten et verdéngt, well iwwert d'ganz Saisonen hu se déi lescht Joren ëmmer nees excelléiert, an dat wär am Fong geholl d'Kréinung, fir och nach kënnen an enger grousser Equipe kënnen, fir Paräis derbäi ze sinn, a mir hoffen, datt dat och gutt geet. Merci nach eng Kéier dem COSL fir alleguerten d'Ënnerstëtzung an op eng weider gutt Zesummenaarbecht. Villmools Merci.

Mir géifen dann op den nächste Punkt kommen, dat ass den Opruff vun de Veräinsdelegéierten, da ginn ech dem Romain Sahr d'Wuert.

## 6. Opruff vun de Veräinsdelegéierten a Prüfung vun de Vollmachten

***Romain Sahr:***
Gudden Owend. An der Entrée hunn d'Léit aus dem Sekretariat d'Vollmachte gepréift a si hu gekuckt wie vun de Veräiner hei vertrueden ass. Mir hunn de Moment 75 Veräiner an vun deene sinn der 65 elo hei vertrueden, 41 mat 2 Vertrieder an 24 mat engem. Vun deenen 10, déi net vertruede sinn, hu sech der 7 entschëllege gelooss. Merci.

## 7. Unhuelen vum Bericht vum 82. Kongress vum 1. Abrëll 2023 zu Sandweiler

***André Hartmann:***
Merci Romain. Da komme mer op de Punkt 7. Dat ass de Bericht vun dem leschte Kongress, dee mer den 1. Abrëll zu Sandweiler haten. Dee Bericht, dee war am Bio publizéiert ginn, sinn do Wuertmeldungen fir e Kommentar oder eng Ännerung? Dat schéngt net ze Fall ze sinn, dann ass dee Rapport esou ugeholl.

## 8. Tätegkeetsbericht vum Comité-Directeur

***André Hartmann:***
Da komme mer op de Punkt 8, dass ech den Tätegkeetsbericht vum Comité olympique, pardon, am Comité olympique, nee, dee vun dem Comité Directeur. Wéi gesot, dee war am Bio publizéiert ginn, hutt der gesinn, och de Punkt 9 annoncéieren ech och direkt, ier mer den duerno diskutéieren. De Finanzbericht, deen ass am Detail präsentéiert ginn, et gëtt awer och hei ëmmer kommentéiert vum Tresorier, an dofir ginn ech dem Camille d'Wuert ginn, fir e bëssen an den Detail ze goen vun de Finanzen.

## 9. Finanzbericht: Joërsofrechnung 2023 a Bilan vum 31.12.2023

***Camille Gonderinger:***
Merci, Änder duerfir. Gudden Owend alleguerten. Ech duerf Iech och vun hei aus begréissen an iech elo an den nächste puer Minutten, mat e puer dréchenen Zuele bombardéieren. Nee, ech maache Spaass. Ech wäert versichen, iech net mat Zuelen ze

bombardéieren, awer op déi puer wesentlech Punkten, déi et an eisem Finanzbericht gëtt, bësse méi am Detail anzegoen.

Ech géif dann och direkt mat engem Resuméë ufänken, da weess ee wat op een zoukënnt. D'Joer 2023, eise Finanzexercice leeft ëmmer vum 1. Januar op den 31. Dezember. Dee war esou, dass Dir d'lescht Joer um Kongress, zu Sandweiler, eise Budget approuvéiert hat, mat 95.000 Euro Defizit. Mir haten dat och deemools erkläert. Mir haten u sech och erkläert, wat dass dat esou ass. Mir hunn et awer fäerdegbruecht, en där gesitt dat direkt hei un de Chifferen, déi presentéiert gi sinn, fir eis do däitlech drënner ze halen. Am Laf vum Joer hate mer also Recettë vun enger Millioun dräihonnert an néng an zwanzeg Dausend Euro a mer haten Depensë vun enger Millioun dräihonnert fënnef a véierzeg Dausend Euro, sinn dass mer a Realitéit den Exercice net mat deene prognostizéierte fënnef an nonzeg Dausend Minus ofschléissen, mee nëmme mat Fofzéngdausend. Fofzéngdausend ass och ee Minus, dat stellt awer a Prozenter, 1,2% aus dem Chiffre d'affaires duer, dat ass also keng Katastroph, do brauch een elo net a Panik auszebriechen, mee d'Haaptsaach ass awer, dass mer och sécherlech an den nächste Jore musse versichen aus deem Minus erëm eraus ze kommen an erëm positiv Zuelen ze schreiwen.

Da kucke mer scho eppes e bësse méi am Detail un. Wat d'Recetten ubetrëfft, do géif ech soen, do hutt Der all Zuelen, dat hutt Der och am Bio publizéiert kritt, och déi wäert ech Iech net virliesen, dat wär verlueren Zäit. Ech géif just op déi Punkten agoen, déi giel markéiert sinn, well dat si Posten, wou d'Variatioune grouss waren, wou also relativ vill par rapport zum Joer virdru geännert huet, an ech awer och erklären, firwat dass dat so ass. Dat Éischt, dat ass de Posten hei vun der Administration générale, wou mer also am Fong geholl vu 254.000 op 334.000 eropgaange sinn. Firwat ass dat esou? Dat ass duerch zwou Saache bedéngt. Dat engt ass, dass erëm eng Kéier, och do dann e Merci un de Minister, de Subsid fir den Directeur administratif vun 15.000 Euro d'lescht Joer gehuewe ginn ass. Dat ass eng Saach. Dat Zweet ass, dass mer eng, am Fong geholl, eng Employée am Sekretariat bäikritt hunn, vun där nach net riets war bis elo. Mee dat stoung awer och an eise Berichten, Dir wësst dat, mir hunn iwwer e spezielle Programm vun der ADEM, ass d'Ni Xia Lian de Moment offiziell Employé bei der FLTT an ass do mat verschiddene spezielle Missiounen niewent senge sportlechen Aktivitéiten beoptraagt.

Dee Montant ass awer total neutral, dee wäerte mer gesinn duerno an den Depensë, mir kréien nämlech déi Suen, déi hatt kascht, déi Pei, déi hatt kritt, integral, bis op dee leschte Cent vun der ADEM, respektiv vum Aarbechtsministère rembourséiert. Dat ass e Programm, wéi gesot, fir Aarbechtsloser iwwer 50 Joer, do ass hatt elo dran, a mir konnten him do hëllefen, wéi gesot, iwwert dee Wee, dass et bei eis vill Aarbechten, déi et deelweis soss esou gemaach huet, elo iwwert de Wee vun enger Employée mécht.

Deen zweete Posten, dee méi staark geännert huet, dat sinn d'Compétitions nationales. Dat kënnt dohier, well mer gemengt hunn, et wier eigentlech net ubruecht, dass eis Senioren individuell Landesmeeschterschaften, déi elo e puer Joer gratis waren, dass dat net onbedéngt ugepasst wier. A mer hunn dëst Joer fir d'éischt erëm Inscriptiounsdroite bei de Championnat nationaux individuels agefouert. Dat erkläert also och déi Erhéijung, déi mer do hunn. Bei den Organisations internationales, hu mer also och eng Steigerung vun 48.000 op 78.000. An dat ass haaptsächlech bedéngt, et ass schonn haut erwäänt

ginn, déi eisen China Table Tennis College Europe. Wärend der Pandemie Zäit war dee komplett aktivitéitslos. Normalerweis ginn do Stagen op ganz guddem internationalen Niveau organiséiert. Grad elo virun dräi Wochen, virun eisem WTT Tournoi, war esou e Stage hei zu Lëtzebuerg virun der Welt- an der Europameeschterschaft a China derbäi sinn, als Coachen, als Beroder an esou weider. D'Chance hu mer also elo erëm konnten, oder haten d'leschte Joer d'Chance elo erëm kënnen, een esou ee Stage ze organiséieren. Dëst Joer hoffe mer, dass mer der erëm zwee, vläicht souguer dräi iwwert d'Bün kréien. An dat erkläert also, firwat dass dat erop gaangen ass. En zweete Posten ass, datt mer eis IJM, eis international Jugendmeeschterschaften, déi am Juni sinn, dass mer déi d'lescht Joer ausgebaut haten. Anstatt 16 Ekippe ware mer op 24 gaangen. An dat huet sech natierlech och finanziell positiv ausgewierkt, soudass mer och do eng Plus-value konnte maachen.

Dann ass en wichtege Punkt hei , dat ass den Operations exceptionnells, dat ass en héije Montant fir opérations exceptionnelles an och do musse mer, vläicht dem Virgänger vum dësem Sportsminister Merci soen, dat ass bedéngt doduerch, dass glécklecherweis d'lescht Joer de Sportsminister net nëmme fir eis, mee fir all Sportverbänn a vläicht och fir aner Leit am Land um Enn vum Joer e Spezialsubside ginn huet, fir déi dräi Indextranchen, déi am Fall waren, ze kompenséieren. Den Änder huet et gesot, mir hunn de Moment siwe Leit bei eis beschäftegt, déi all eng Pai kréien, a wann do dräi Indextranchen an engem Joer erfalen, dann ass dat ganz, ganz sauer, zemools fir eng Organisatioun, déi eis, mir hunn kee Brout ze verkafen, keng Büfteker, si kee Metzler oder Bäcker, déi leeën da vläicht déi 2,5% op hir Verkafspräisser drop a kréien dat iwwert dee Wee rëm.

Mir hunn déi Laaschte voll ze droe gehat, net nëmme mir, mee och sämtlech aner ASBLen, Associatiounen, a mer waren do immens frou, well dat hat eréischt wierklech Suerge gemaach, dass mer do géifen ee grousst Lach kréien, a mer hunn do am Moment vum Joer, wéi gesot, déi gutt Nouvelle kritt, dass de Ministère hei iwwert de Wee vun engem Spezialsubside gehollef huet, an déi Indexbranchen do quasi integral kompenséiert huet, soss wier eisen Defizit net nëmme 15.000 gewiescht, mee da wiere mer tatsächlech an d'Géigend vun deenen 90.000€ komm, déi mer prognostizéiert haten.

Dat zu de Recetten. Dann e kuerze Bléck och op eis Depensen, déi wéi gesot, 1.345.000 ausmaachen. Do ass et um Niveau vun der Administration générale, an do gesitt Der et, wat ech virdru gesot hunn, dee Montant engersäits, wéi gesot, hunn déi Indextranchen, sech trotzdeem op eis Salairen, natierlech repercutéiert. E groussen Deel ass also doranner gaangen. Dat anert ass awer och dann dee substanzielle Montant vun där Pai, déi mer zousätzlech musse bezuelen, duerch de Programm vum NI Xia Lian. Mä, wéi gesot, dat ass eng Operatioun, déi ass total kostenneutral, well déi Suen, déi hatt op där Säit vun den Depensë kritt huet, déi huet Der virdrun op där anerer Säit integral bei de Recetten och gehat. Dat geet also null vu null op. Dann hu mer natierlech e wichtege Posten an eisem ganze Programm, dee quasi méi wie d'Hallschent vun eisem ganze Budget duerstellt. Dat sinn eis international Aktivitéiten, eis Aktivitéiten am Niveau vum Kader. Déi si gewalteg eropgaangen, an et ass jo e puermol gesot ginn, ech kann et just widderhuelen, d'Erklärung, déi ass eigentlech geliwwert ginn, indirekt, dat sinn d'Olympesch Spiller zu Paräis. Eis Spiller hunn, fir déi Qualifikatiounschancen, déi sech

erginn hunn, souwuel fir eis Dammenequipe wéi fir eis individuell Sportler, déi hunn mussen quasi de Punkten iwwer ganz Welt norennen. An dem neie Modell, deen net ganz glécklech ass, virun allem fir kleng Verbänn, wéi mir ee sinn, an och anerer an Europa, ass een elo obligéiert, fir tatsächlech quasi bal alles ze spillen, wat ugebuede gëtt. A wann Der dat verfollegt hutt, am Bio oder soss, dann hutt Der gesinn, dass d'Xia Lian, d'Sarah an de Luca, a bis zu enge bestëmmte Zäitpunkt, lescht Joer och nach den Eric Glod, dass déi iwwert d'ganz Welt gereest sinn, fir Punkten ze sammelen, fir Qualifikatiounschancen fir Paräis esou grouss fir méiglech ze halen. Dat kascht natierlech Geld, an die Tournéieren fannen net all zu Nanzeg, zu Diddenuewen oder zu Tréier statt. Mä dat ass a Südamerika, dat ass an Asien, dat ass kräiz a quier duerch d'Welt. An dat huet natierlech mat sech bruecht, dass dat doten eng exzeptionell Depense ginn ass. Ech ginn dervun aus, wéi gesot, dass mer elo dann dee Montant do awer kënnen am Laf vun 2024, wann elo déi ganz Qualifikatiounsprozesser gelaf sinn, net nëmme kënnen, mee dann och mussen erëm op en anere Level zeréckbréngen, well op deem do Level kënnte mer sécherlech net jorelaang liewen. Dat däerf eis Moyenen definitiv depasséieren.

Charge exceptionnelle, dat sinn einfach Korrektioune vu Provisioune vun de Jore virdrun, déi mer gemaach hunn. Dat ass eng réng bilanztechnesch Operatioun. An dann hu mer och profitéiert vun der Geleeënheet, vu dass d'Pandemie elo eriwwer ass. Mir hate wärend dem Pandemiesjoer, dat war mäi Virgänger de Guy Schmit nach gewësse Provisioune gemaach fir Chargen, déi eventuell hätten do kënnen op eis zoukommen, Ech kann Iech soen, et goufen do souvill Momenter 2021/2022 wou mer net woussten wat een eventuell alles finanziell misst stemmen. Dir wësst, mir hunn deemools Tester duerchgefouert, deemools war et nach d'BDO League Match mat alle Sportler, mat allen Arbitteren, déi dru bedeelegt waren, dat huet Geld kascht. Mir kruten déi herno glécklecherweis och refinanzéiert vum Staat a vum COSL deelweis, sou dass dat eis näischt kascht huet. Mä mir haten déi Provisioune gemaach in weiser Voraussicht, dass do géife d'Käschten op eis zoukommen, dass mer dann eppes an der Kees hätten. Sou, dass d'Pandemie jo hoffentlech elo eriwwer ass, an och hoffentlech keng nächst a Plaz kënnt, hu mer also lo kënnen aus där Provisioun net alles ausbuchen, also et bleiwen ëmmerhin nach eppes méi wéi 90.000€ Provisiounen, déi mer behalen. Mä mir hu gemengt, de Beräich ass net méi esou grouss ze gesinn. A mir hunn also 30.000 Euro aus där Provisioun elo mol zeréck an de Passiv erageholl.

Voilà, dat ass also e bëssen a kuerze Wierder gewiescht, wat eis Recetten an Depensen ubetrëfft. Patrick weist mer den nächste Slide w.e.g., dann nach eng Kéier de Resümmee wéi gesot, vun deem ganzen, e bëschen dat wat ech virdrun op der éischter Säit gewisen hat, e Budget vu 95.000 Defizit. Mir schléissen d'Joer an der FLTT of, mat engem Defizit vun 15.000€.

Dann hu mer awer och nach eis FSP, eis *Fondation du sport pongiste*, déi mer och mussen ëmdeefen, do kommen ech kuerz drop duerno, do hu mer awer dann e positiivt Resultat, dat ass einfach eng Gesellschaft, wéi gesot Dir, déi e relativ grousst Kapital huet, mat ville Reserven, an wou mer dëst Joer, wann ech soen dës Joer, dann ass ëmmer 2023, jo, d'Chance och ëmmer haten, dass et op der Bank endlech och ëmmer eng Kéier Zënse fir d'Geld gouf, an déi 10.000 Euro do, dat ass quasi d'Zënsen, déi mer op deem Kapital kritt hunn, soudass wann ech auf eise ganze Grupp, FLTT, FSP kucken, da schléisse mer d'Joer quasi mat enger rouder Null of.

Mir sinn also, wann ee kann soe, gutt dervu komm, wann ee bedenkt, dass mer vun engem Stand ausgaange sinn a bei deem do Stand gelant sinn. Ech mengen, da kann ee soen, dass mer net schlecht gewirtschaftet hunn an dass mer alles gemaach hunn, fir d'méiglech gutt iwwert d'Ronnen ze kommen. An dat ass eis och gelongen. Da géif ech och proposéiere wéi all déi Joren virdrun eng Resolutioun, dass mer also dee Defizit, dee mer eigentlech gemaach hunn, jo vun der FLTT, dass mer deen einfach bei eis Resultat reportés derbäischreiwen. Dat ass eng Prozedur, déi ass ëmmer esou, déi muss dann offiziell vun Iech vum Kongress esou approuvéiert ginn, wat mer da kënne maachen, wa mer de Finanzbericht unhuelen. Wann deen ugeholl gëtt, da wier der automatesch déi Resolutioun do mat dran, dass mer einfach déi 15.000 Euro vun de résultats reportés dann ofschreiwen.

Ganz puer Wuer zum Bilan. Dat ass e bësse méi technesch do, ass net ëmmer jiddereen, dee weess, wéi sou eppes fonctionéiert, duerfir ginn ech net ze vill an den Detail, op der Säit vum Aktiv, ass awer eng Saach markabel, dat sinn déi dräi giel Chifferen, dat sinn am Fong geholl Suen, déi um Enn vum Joer ausstinn, dat heescht, dat si Suen, déi mer zegutt hunn, déi mer awer den 31. Dezember, wou eise Bilan ofgeschloss gëtt, net haten, dat ass e relativ héije Montant, an dat kënne mer eis och nëmme leeschten, well mer vill Reserven hunn, well soss géif eng normal Associatioun dat do net packen. D'Keesereviseuren, déi wäerten hire Bericht duerno maachen, hunn dat awer kontrolléiert, all déi Suen, déi hei stinn, déi si quasi komplett bezuelt. Dat ass haaptsächlech den China Table Tennis College of Europe, deen aus dem Moment vum Joer vun eis all Prestatiounen verrechent kritt, déi mir um Laf vum Joer fir hie maachen, ass alles bezuelt, dat sinn 56.000 Euro, déi sinn all bezuelt, déi 343.000 vum Ministère hu mer och integral alleguer kritt, vum COSL stinn nach e puer Euro aus, mee mir hunn awer déi schrëftlech Confirmatioun, wat mer kréien, an déi ginn iwwert dee Montant vun 107.031 Euro. Dat sinn also Créancieren, déi mer hunn, déi awer vertrauenswierdeg, ech mengen, also do brauche mer keng Angscht ze hunn, dass do iergendwann eng Kéier een net géif bezuelen, well ech mengen, wann ech Iech soen, dass, ee haaptsächlech den China Table Tennis College of Europe ass, an de Sportsministère an de COSL, da wësse mer, dass mer do kënne Vertrauen hunn, dass déi Sue kommen, a wéi gesot, an der Zwëschenzäit sinn se och do.

Net zu séier, mir hunn jo nach eng Säit Passiv, dréi eng Kéier viru Patrick, op der Säit vum Passiv, wéi gesot, hu mer also eis Kapitalen, hei schwätze ech nëmme vun der FLTT, vum Grupp, pardon, hei schwätze ech elo vum Grupp FLTT/FSP, hei sinn also déi zwou Saachen zesummegeschloss, gesamt d'Verméigen am Fong geholl, wat mer de Moment an deenen zwou Gesellschaften zesummen un. Mir hunn also d'Capitaux propre, déi elo Milliounen depasséiert hunn, 1.067.000€, d'Resultat vum Exercice, déi 5.000, déi mer also bäigeluecht hunn, hei hu mer och déi Provisiounen, wou ech virdru geschwat hunn, déi mer elo nach am Bilan stoen hunn, 93.000 Euro, dat ass, wéi gesot, deelweis fir d'Informatik, déi mer amgaang sinn ze erneieren, dat ass deelweis fir Risikoen, déi am Beräich vun de Paien ëmmer kënne bestoen, well iergendwou d'Steierverwaltung oder d'Sécurité sociale iergend eppes nogerechent hunn a Suen nodréiglech verlaangt, an dann ass et och nach eng Provisioun déi drasteet, wéi gesot, fir allgemenge Risikoen, déi ëmmer kënnen op een zoukommen, do ass et ëmmer gutt, wann een eng kleng Reserve

op der Säit huet, fir kënnen do drop zeréckzegräifen. Dann hu mer och d'Detten, déi mir nach ausstoen hunn, Suen, déi mir nach un eis Fournisseuren schëlleg sinn. Dat ass och en héije Montant, ass awer eng ganz normal Saach, well do ass soss näischt derhannert, wéi all déi Konten, déi am Fong oder um Enn vum Joer gemaach hunn, all eis Arbittere maachen hir déi Decompten oder dat mëscht de Jean Marie global zentral vun der zweeter Hallschent, dat gëtt gemaach am Januar, mir kréien natierlech Ofrechnungen vun eisen Traineren, Honorattraineren, alles wat am Dezember gelaf ass, wat u sech am Januar ofgerechent gëtt, an da virun allem och natierlech ëmmer d'Sécurité sociale vun de Paien an d'Steiere vun de Paien, déi meeschtens nach opstinn, vun engem oder vun der Sécurité sociale vun zwee Méint, an déi dann eréischt am Januar an am Februar bezuelt gëtt. An der Tëschenzäit ass och dat alles gereegelt, wéi gesot, dat sinn einfach Operatiounen, dat kann een net vermeiden, dass een um En vum Joer sou Montant opstoen huet, mee ech kann Iech do versécheren, an d'Keesereviseuren kënnen dat och da gär bestätegen. Ech mengen, dass déi Saachen alleguer gereegelt gi sinn, virum 1. Mäerz war quasi alles op Null gesat.

Dat dann, wéi gesot, waren e bëssen déi Erklärungen déi ech wollt ginn, zousätzlech zu de blanke Chifferen, déi am Bio waren, dass Der e bëssen awer d'Erklärung hutt fir déi héich Montanten. Da weisen ech nach gären zwou Kurven, déi mer ganz staark um Häerz leien.

Dat Éischt ass e bësse nach eng Evolutioun vun de Finanzen an de leschte Joren, an ech sinn do zeréckgaangen, quasi bis op d'Präsidentschaft vum Fernand Boden, dertëscht komm eng kuerz Presidentschaft vum Jos Schmit an dunn d'Presidentschaft vum André Hartmann.

Dat ass also d'Evolutioun, vun eise Finanzen, déi Chifferen, déi brauch der net ze liesen. Ech mengen d'Kurv, déi ass eendeiteg. Déi weist also dorop hin, wéi gewirtschaftet ginn ass déi leschte 25 Joer. An ech mengen do kënne mer e bëssen houfreg drop sinn, dass dat esou war. Deen do Aspekt, dee vergiessen mer, dat war, wéi gesot, déi Joren 1998, wou d'FLTT deemools wierklech faillite war, wéi dir och als Veräiner deemools huet mussen eppes no un 100.000 Euro, dat waren deemools 4 Millioune LUF, aus ärer Keess bäiginn, fir eis iwwerhaapt e Startup ze erméiglechen. Mir sinn also deemools domadder gestart, bei quasi null oder bei e puer Wecken, déi nach an der FLTT Keess waren, an hunn dunn am Laf vun de Joren eis Reserven eropgesat. Déi lescht Joren hate mer e puer Defiziter, duerfir si se do liicht gefall. An dat alles, an dat wäert ech op engem nächste Slide weisen, ouni dass dat op d'Käschte vun Iech Veräiner gaangen ass, mee dat ass eigentlech doduerch geschitt, dass mer virun allem am Joer 2012, do gesitt och all Kéier déi Spréng, déi do gemaach gi sinn, do si méi grouss Spréng, d'Olympia Qualifikatioun haten, also d'Olympiaquali am Eenzel, an dann, dat kann ee sech sécher nach erënneren, 2017, d'Europameeschterschaft par Équipes, wou mer e Benefice vun 250.000 Euro gemaach haten, an dat gesäit ee ganz säitlech, déi grouss Spréng, déi duerch déi Kompetitiounen do entstane sinn. Déi bloe Stréch ass, dat Gesamtkapital, FLTT plus FSP, déi rout Kurv, dat ass d'FLTT aleng, ouni d'FSP, mee d'Entwécklung, déi waren d'selwecht. An da kënnt een anere Slide, dee mer nach vill méi um Häerz läit, wéi gesot, well deen ass mer wierklech elo wichteg, Iech hei awer virzestellen, dat ass och dee leschten, dann hat Iech d'Plaz hei fräi, dat ass déi Taxen, déi Dir bezuelt hutt, Dir Veräiner an deem ganze Pak. Well ech héieren heiansdo, ginn ech da gefrot, jo, mee Dir maacht e Benefice oder

Dir eire Reserve ginn an d'Luucht, a mir Veräiner mussen déi Reserve bezuelen, an esou weider, an ech wëll duerfir och haut soen, ganz kloer, dat ass definitiv net de Fall. Mir hunn an deene 25 Joer eng eenzeg Taxenerhéijung gemaach, dat war 2014. Dat gesäit een och schéin, bis dohinner waren d'Kotisatiounen déi där bezuelt, plus ou moins, bei 80.000 Euro. Se sinn dunn op 100.000 Euro eropgaangen, an se sinn zënterhier, dat gesäit een hei ganz däitlech, an deem Beräich vun 100.000 bliwwen. Dat heescht, mir hunn absolutt keng Erhéijungen zënter 2014 un deenen Taxe virgeholl, déi Dir bezuelt. Dat sinn haaptsächlech d'Aschreiwunge fir de Championnat/Coupen, Lizenzen, d'CSMS, dat sinn Kotisatioune fir eis nei Mutuell, d'Bioen, all dee Saachen, déi Dir fir näischt kritt als Leeschtungen an déi mir Iech facturéieren. Do kann een e bëssen houfreg sinn. Mir bleiwen also, wéi gesot, wat Iech ubetrëfft, an deem do Beräich, an där gesitt, an de Covidjoren, wou mer souguer mat deem, wat mer vun Iech verlaangt hunn, däitlech erofgaange sinn, wat jo e bëssen logesch war, well keng Kompetitioune stattfonnt hunn, mee mir haten deemools souguer Spezialaktioune gemaach, dass mer deelweis Cotisatiounen, déi mer hätte misse verrechent, guer net verrechent hunn, duerfir sinn déi zwee Exceptiounsjoeren do, der tëscht am Fong geholl d'Covidjoeren, wéi hei Iech dat Lach, ausgewise ginn. Mä generell ass et esou, dass där Veräiner zënter 2014 kann ee soen, 100.000 Euro d'Joer un d'Aktivitéite vun der FLTT bäidrot. A wann ee bedenkt, dass d'Inflatioun zënter 2014 bis haut awer schonn en etlech Prozent, et schätzen em sou ëm déi 25 bis 30 Prozent eropgaangen ass, ech mengen, dass kann een haut weisen, et loung mer mol um Häerz, grad an där Situatioun, wou mer elo sinn, fir dat eng Kéier kloerzestellen, dass do net falsch Meenungen no baussen opkommen. Voilà, dat wier et gewiescht. Voilà, firwat dat mer awer elo nach eng Kéier just rappeléiert, wéi d'Croissancen an de Reserven hunn, mir hunn net nëmmen déi zwou Organisatioune gehat, wéi ech Iech virdru genannt hunn, mee mir hunn all Joer d'IJM, déi all Joer e klenge Benefice ofwerft, wann et och net vill ass, mee üblecherweis 15.000 Euro bleiwen do Rescht. 2003 hate mer schonn eng Olympiaquali organiséiert, 2012 nach eng Kéier, 2017 d'Europameeschterschaft, an dann elo virun dräi Wochen, den éischte Kéier, de WTT Youth Contender, wou ech elo net ze vill séier wëll, hurra, hurra, jäitsen, mä well ech eis d'Keess jo selwer gefouert hunn, kann ech awer mengen ech soen, dass mer sécherlech keen Defizit gemaach hunn. Also dass och dat Event do, wäert positiv ofschléissen an nach eng Kéier derzou bäidroen, dass mer eise Bilan kënnen equilibréieren. Eis Finanze kënnen equilibréieren, ouni dass mer emol jiddefalls kuerzfristeg brauchen op Ärer Hëllef zeréckzegräifen. Sécherlech wäert awer iergendwann eng Kéier mussen iwwer eng nei Erhéijung geschwat ginn, mee dat ass net haut, dat ass och sécherlech nach net muer, mee mer wäerte sécherlech iergendwann net derlaanscht kommen, awer eng Kéier eng kleng Upassung virzehuelen. Dat huet awer nach seng Zäit bis dohinner. Voilà, dat wier et da gewiescht. Da bleift dee leschte Slide nach. Voilà, ech soen Iech da Merci, datt Der déi puer Minutten nogelauschtert hutt. Wann zu deene komplizéierte Froen, zu deene komplizéierte Saachen, déi d'Finanzen heiansdo duerstellen, Froe vun Iech sinn, ass alles verständlech, zéckt net fir ze froen, et soll alles transparent sinn, et soll näischt geheim sinn, et soll och näischt verklauselt sinn, alles ass offen, alles kënnt der gewuer ginn, stellt roueg är Froen, ech si gäre bereet iech drop ze äntweren. Merci nach eng Kéier.

***André Hartmann***: Merci Camille fir déi Erklärungen iwwert de Finanzbericht. Da géif ech op den nächste Punkt kommen, bevir mer d’Diskussioun maachen, de Bericht vun de Keesserevisoren.

## 10. Bericht der Kassenrevisoren

De Guilly Mousel, wannechgelift.

***Guilly Mousel***: Esou, Dir Dammen an Dir Hären, ech wënschen Iech dann och e ganz schéinen Owend. A mir krute jo vun Iech vum Kongress 2023 den Optrag, fir déi obligatoresch Kontrolle vun de Keesen a vun de Konte vun der Federatioun ze maachen. An duerfir ware mir dann och beim Här Camille Gonderinger, dem Trésorier général.

Bei eise Kontrollen, déi mir duerchgefouert hunn, an déi Chiffere vum Bilan an och vu Perte et Profit an de Konte méi am Detail ze kucken, déi Dir jo och virgeluecht kritt, hu mir vill Stéchprouwe gemaach an déi och ënnert d'Lupp geholl. A bei deene Kontrolle konnte mir eis iwwerzeegen, dass all Buchungen an Ecrituren och duerch pièces comptables beluecht waren an och Froen, wa mer där haten an där waren, och do wierklech zur vollster Zefriddenheet beäntwert goufen. Duerfir komme mir dann och zur Erkenntnis, dass bei et eise Kontrolle keng Beanstandungen goufen. Och wat den Trésorier Général, de Camille, gesot huet, och dass do Saachen opstoungen, och den 31.12. déi hu sech effektiv zum Positiven dann och do gewant, an dass do dann näischt méi an deem Sënn opstoung. Et geet dann elo och vun eiser Säit awer trotzdeem e grousse Merci un d'Trésorerie générale an och un déi Leit, déi sech ëm d'Finanze bekëmmeren, well dat kann jo net eng Persoun eleng maachen, well dat ass jo eng Risenaarbecht. An och fir hir gutt a wierklech gewëssenhaft Aarbecht. Also mir géifen, jiddefalls dem Kongress, virschloen, de Bilan an d'Konten ze akzeptéieren, wéi där se virgeluecht krut, an och zur gläicher Zäit dem Comité Directeur an dem Trésorier général Entlaaschtung ze ginn.

*De ganze Sall klappt.*

***André Hartmann***: Merci de Keesserevisoren. Da géife mer op den Punkt 11 kommen. Dat ass d'Diskussioun vun den Tätegkeetsberichter an och iwwert den Finanzbericht.

## 11. Diskussion betr. den Tätigkeitsbericht des Comité-Directeur, der Kommissionen und der Sonderkommissionen

Ass eng Wuertmeldung am Sall zu dem Aktivitéitsbericht, zu dem Finanzbericht?

Dat ass net de Fall.

## 12. Entlastung des Comité Directeur, der Kommissionen und der Sonderkommissionen

Da ginn ech dervun aus, datt déi Berichter unanime ugeholl gi sinn. Villmools Merci dofir.

*De ganze Sall klappt.*

## 13. Tätigkeitsberichte der Gerichtsinstanzen: Verbandsgericht und Berufungsrat

Den Tätegkeetsbericht vun de Geriichtsinstanzen, vum Verbandsgeriicht a vum Beruffungsrot ware publizéiert ginn.

## 14. Diskussion betreffend die Tätigkeitsberichte der Gerichtsinstanzen

Um Punkt 14, Diskussioun vun den Tätegkeetsberichter vun de Geriichtsinstanzen, ass do eng Wuertmeldung? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

## 15. Entlastung der Gerichtsinstanzen: Verbandsgericht und Berufungsrat

Da ginn ech dervun aus, datt déi Berichter à l'unanimité ugeholl ginn. Merci dofir. Da wäre mer schonn um Punkt 16.

## 16. Wahlen

## 16.1 Comité-Directeur

***André Hartmann***: Punkt 16 ass de Punkt Walen, an do géif ech elo froen, datt de Bureau de Vote aktiv gëtt an och dann hei am Fong Plaz hëlt fir de Punkt vun de Walen ze guidéieren, ech hu just eng Fro un de Kongress: Wär et méiglech fir wärend de Walen, respektiv wärend gezielt gëtt, datt mer da verschidden Éierunge kéinte virzéien, wéi zum Beispill den Punkt 20, d'Verleihung vun Éierentitelen a Verdienstabzeichen, wär der domadder d'accord?

*De ganze Sall klappt.*

***André Hartmann***: Très bien!
Voilà, da géif ech elo froen, datt de Roland Altmann mat senge Leit aus dem Walbüro géif hei eropkommen, oder de Roland vläicht fir d'éischt.

***Roland Altmann***: Gudden Owend, léif Sportsfrënd, Dir Dammen an Dir Hären,

Ech wollt also onse Walbüro mol virstellen. Et sinn haaptsächlech Leit aus de Geriichtsinstanzen derbäi, aktueller, an ech als fréiere Sekretär vum Beruffungsrot. Also, mäin Nummer ass Roland Altmann, ech sinn Member vum Dëschtennis Zéisseng. Dann ass derbäi de Fickinger Alain vum Dëschtennis Nidderkäerjeng, dee Member am Conseil d'Appel ass, den Här Herschbach Tom vu Miedernach, aktuelle Member am Tribunal

fédéral, an dann nach de Schultz Winfried vu Gréiwemaacher, dee aktuell Member am Conseil d'Appel ass, an och aktuelle Präsident vun der Commission des Arbitres.

Da kënne mer zu de Kandidate kommen, do wollt ech Iech kuerz virstellen, wéi mir mam Sekretariat wëlle virgoen bei de Walen, well mer wëlle Kuddelmuddel vermeiden an op där anerer Säit esou schnell wéi méiglech wëlle virukommen. Also, mir schloe vir, datt mer d'Posten ausdeelen, fir d'éischt no der Reiefolleg, dat heescht, da fänke mer mam Präsident un, den 1.1, an da géife mer weider vun 1.2, bis op den 1.9, dann no enger Minutt, wou Der kënnt ausfëllen, géife mer asammelen, an da géife mer schonn direkt ufänken auszezielen an engem separate Raum.

Dir gitt awer eréischt alles gewuer vun de Resultater vun ons, wann alles ausgezielt ass no dem éischten Tour, an da kann et jo eventuell en zweeten Tour ginn, well Dir jo am éischten Tour eng absolut Majoritéit braucht.

Wichteg ass och, datt där richteg ausfëllt, also net iergend eng Remarque op deen Ziedel maacht, datt ee kann identifizéieren, wéi een et ass. Maacht entweeder e Kräiz oder e Rondel oder e Plus hannert dee Kandidat, deen der wëllt wielen. Soss musse mer deen als ongülteg wäerten. Wichteg ass et eben och, datt mer duerno sou wësse wat geschitt, wann elo am éischten Tour keen eng absolut Majoritéit mécht, da gëllen déi Leit, déi absolut Majoritéit hunn, am éischten Tour gewielt, mee da musse mer eng Stéchwal maachen, en zweeten Tour, fir déi Posten, wou eeben keng absolut Majoritéit ass. An an deem Fall, genüügt eng relativ Majoritéit. Dat wäerte mer Iech dann och soen, wann et sou wäit ass. Da kann esou guer nach e Patt virkommen an der Stéchwal, dat Punktegläichheet besteet, also Stëmmegläichheet besteet, an da muss geloust ginn. Duerfir hu mer elo Ziedelen preparéiere gelooss vum Sekretariat, wann esou en theoretesche Fall kënnt, Ziedelen déi ginn dann ausgeloust, ween dann et ass. Dat ass natierlech Lous, dat ass e bësse komesch, mee sou gesinn eis Statutten et vir.

Sou, zum Oflaf ass, fir d'éischt sollen dann déi zwee Leadere vun deenen zwee Teamen hire Programm virstellen, an da géife mer ufänke mat den Ziedelen ausdeelen, där hutt dann eng Minutt fir se auszefëllen, da gi se agesammelt, an da geet et direkt weider mam nächsten. Also ech wäert dann net nach eng Kéier soen, okay, elo erkennt een de Verbandspräsident an den Generalsekretär, dann de Finanzwart. Dat geet dann automatesch esou weider. Dat mécht ons Sekretariat, déi dräi Mataarbechter, maachen dat automatesch. Einfach am Interêt, datt mer virukommen an datt der net ze laang musst waarden op dat Resultat.

Si sinn dozou Froen?

***Scholtes Yves***: Ech hu just eng kleng Fro ouni Mikro. Et si 65 Veräiner hei, dat heescht dass och déi 65 Stëmmen gezielt ginn.

***Roland Altmann***: Also jiddweree muss säin Ziedelen ofginn?

***Scholtes Yves***: 33 Stëmmen muss ee kréie fir gewielt ze sinn. Dat ass déi Fro, déi ech wollt stellen. Also 33 Stëmmen fir d'Majoritéit ze kréien, dass ee gewielt ass.

***Roland Altmann***:  Jo. Korrekt. Jo, am éischten Tour. Merci. Ok? Nach eng Fro.

***Riedner onbekannt***: Nach eng Fro. Ech mengen et ass gesot ginn, et wäre 65 Veräiner hei. Wann elo ee Veräin net méi heibannen ass, wéi gëtt dee consideréiert? Well hei ass ee Veräin, deen ass net méi do, dee sinn allen zwee heemgaang.

***Roland Altmann***: Laut onse Statuten dierft kee Veräin heemgoen un sech. Jo, da musse mer dee warscheinlech als ongülteg wäerten. Jo, da musse mer dee... Awer dat bleift; et gëtt elo net mat 64 Veräiner...

***Riedner onbekannt***: Dat ass eng aner Majoritéit.

***Alain Fickinger***: Rollo. Mir musse kucken, wa mer d'Këschten erakréien, mat deenen eenzelnen Voten, da musse mer fir d'éischt d'Ziedlen zielen. An déi, déi erakomm sinn, da musse mer dovunner definéieren, ween d'absolut Majoritéit kann hu mat wat fir enger Zuel.

***Roland Altmann***: Do maache mer et esou, jo.

***Marvin Divo***: An dohannen déi Froen do, déi hunn déi meescht Leit hei net héieren, kéinte mer déi nach eng Kéier widderhuelen, wannechglift.

***Scholtes Yves***: Also, meng Fro war déi. Wa 65 Veräiner hei sinn, wou jo am Fong schonn een opginn huet, mee bon, 65 Veräiner hei sinn, da misst ee jo d'Hallschent, dovunner wieren et der 32.5 geet jo net, also 33 Stëmmen hunn, fir eng absolut Majoritéit an domat och gewielt ze ginn. Bon, elo ass ee Veräi fort, da bleift der nach 64 hei. Dat ännert awer guer näischt, well eng hallef Stëmm gëtt et jo net, also bleift et nach ëmmer bei 33 Stëmmen, fir d'absolut Majoritéit, denken ech emol.

***Roland Altmann***: Wa jiddwereen ofgëtt, jo.

**Scholtes Yves**: Ech hoffe jo, datt elo net nach iergendee fortleeft an all Mensch serió genuch bleift, fir dat heiten anstänneg iwwert d'Bün ze bréngen. Villmools Merci.

***Roland Altmann***: Nach eng Fro?
Okay, da géif ech déi zwee Leadere vun der Ekipp bieden, heihinner ze kommen, datt mer kënnen auslousen, wéi een ufänkt mat hirer Kandidaturried. Christian, Änder, kënnt Der wannechgelift eropkommen.

***Roland Altmann***: Also den Hartmann Änder huet de Mënzworf gewonnen an hien huet decidéiert, e wëllt als zweet schwätzen, an duerfir fänkt de Christian un. Merci, Christian.

***Christian Kill***: Dir Dammen an Dir Hären, léiwe Schäfferot vun Diddeleng, léiwe Sportsminister, léif Vereinsvertrieder, léif Sportsfrënn, e schéine Owend och vu menger Säit aus.

Et ass mer eng Éier haut hei virun Iech ze stoen, an dat net eleng, mee och mat menger Ekipp zesummen, de neie Wand ze representéieren.

Bevir ech zu den Iddie kommen an och eis Visiounen, déi ech kuerz wäert erklären, well ech awer nach ganz kuerz meng Equipe presentéieren a bieden kuerz opzestoen.

Ech fänken um mam Poste vum Generalsekretär, wou mir den Andy Cattazzo vum Dëschtennis Diddeleng gewielt hunn. Dann, eisen Expert Comptabel, de Bruno Lance vum Dëschtennis Stroossen, dee soll neien Tresorier ginn. Eise President fir d'Cadres Fédéraux, de Pol Breser vum Dëschtennis Berbuerg. Da fir d'Commission Sportive de Pit Wiltgen vum Dëschtennis Hueschtert-Folscht. Fir d'CT hu mir dann de Steve Schmol vum Dëschtennis Ell gewielt. A fir d'CPSP den Hansen Patrick vum Dëschtennis Diddeleng. Dann eis Madamm aus eiser Ekipp fir d'Relations Publiques, d'Mini Anouk vum Dëschtennis Wëntger. Dann awer net ze vergiessen eise freie Member, de Maurice Schmit vum Dëschtennis Bierkerech. An dann och zu gudder Lescht meng eege Persoun, Christian Kill, fir, oder vum Dëschtennis Lénger, fir neie President vun der FLTT ze ginn.

Ech géif ganz gäre, bevir ech elo zu eise Visioune kommen, nach e puer Wierder vu mir selwer soen, fir déi Leit, déi elo mech net esou gutt kennen, respektiv just als Dëschtennisspiller, de Christian Kill.

Wéi der wësst, sinn ech schonn och eng relativ länger Zäit jo mat dobäi. Ech mengen, dat mécht elo ongeféier eng 25 Joer, wou ech elo, wéi gesot, virun allem Dëschtennisspiller sinn. Op der anerer Säit sinn ech awer och lo scho bal eng 10 Joer als Trainer aktiv. Ech hunn iwwert déi laang Joren eng jett Erfarung konnte sammelen, ënnert aneren um nationale Plang, wéi awer och um internationale Plang. Am nationale Plang, ganz kloer, hunn ech do e ganz groussen Abléck an d'Veräinspolitik kritt. An ech schaffen och do, momentan och grad aktiv, mat de Veräiner zesummen, fir virun allem och besser Strukturen op d'Been ze stellen.

Op där anerer Säit, wat dat Internationaalt betrëfft, do ass och gewosst, dass ech do eng laanger Zäitchen als Spiller mat derbäi war, awer och elo relativ laang schonn als Trainer do mat u Bord war. An deemno hunn ech och do eng ganz gutt Vue iwwert dat Ganzt, wéi d'Saachen do funktionéieren. Dann zu gudder Lescht natierlech hunn ech och extrem vill Kontakter konnte knüpfen, um nationale Plang wéi och um internationale Plang, duerch eeben déi Zesummenaarbecht mat de Veräiner an international ganz kloer och duerch meng Trainerlizenzen, déi ech am Ausland gemaach hunn.

Fir elo awer zu eisem Grupp vum neie Wand ze kommen, do wëll ech Iech ganz kuerz soen, wat däi zwou Haaptvisioune sinn:

Ech sinn virun allem fir e Gewënn vun neie Memberen ze färderen. Do denken ech ganz genau un déi Zuelen, déi mer elo och presentéiert kritt hunn, an déi mer och gesinn hunn, dass zwar engersäits d'Zuelen net erofgaange sinn vun den lizenzéierte Spiller hei zu Lëtzebuerg, mee se si proportional net gläichzäiteg mat der Populatioun hei zu Lëtzebuerg eropgaangen.

Op där anerer Säit ass awer och a muss gewosst ginn, dass vill Veräiner hunn sech mussen zeréckzéien an dann op där enger Säit, wéi gesot, och Fusiounen entstane sinn an dat weist awer ganz kloer, dass deen Trend net an eng gutt Richtung geet.

E weidere Punkt, deen eis ganz wichteg ass, ass d'Vereinfachung. Wann mer vun der Vereinfachung schwätzen, dann denken ech do an éischter Hinsicht un d'Statuten an d'Reglementer, déi virun allem musse vereinfacht, awer och verkierzt ginn.

Den zweete Volet, deen ass och grad esou wichteg ass sinn Kompetitiounen, déi wëlle mer och an Zukunft méi kloer a méi däitlech erklären, fir dass och Leit vu baussen, déi näischt mam Dëschtennis ze dinn hunn, et verstinn.

Lo stellt dir iech natierlech Fro, léif Leit, wéi wëlle mer déi ganz Saach ugoen?

An zwar ass et eis wichteg, dass mer zesumme mat Iech, léif Veräinsvertrieder, dat uginn, well mir der Meenung sinn, dass mer nëmme mat Iech kënnen do déi, an och eis Ziler erreechen. Dat geet nëmmen iwwert eng gutt Transparenz a finalement eng gutt Kommunikatioun.

Mir sinn der Meenung, a mir stinn och dofir, vun deem Slogan, dass mer ouni staark Veräiner, kee staarke Verband an Zukunft kënnen hunn.
Elo zu gudder leschter, nach e klengt Wuert zu där schéiner Presentatioun, déi mer hei kritt hunn, vum aktuellen CD.

Léif Leit, ech hoffen, dass Iech opgefall an dass Iech och kloer ginn, wat Gefore sinn, déi lo och kënne kuerzfristeg op eis zoukommen.

Den Här Sportsminister huet et eng Kéier kuerz erwäänt, d'Fundament. Wat ass hiert Fundament?

Fundament, léif Leit, léif Veräinsvertrieder, dat sidd Dir. Wa mir kee stabilt Fundament hunn, da wäerte mer och dat schéint Bild, wat mer elo schonn och, jo, mëttlerweil gewinnt sinn iwwert déi lescht Joren, a wou mer och natierlech do genéissen, a wou mer och frou sinn, dass mer do eng Partie Leistungssträger hunn, datt dat op e Mol ganz schnell kann d'Baach erofgoen, wa mer net un eisem Fundament dru schaffen. A mir sinn der Meenung, dass mer do mussen eng Schëpp bäileeën, dat heescht ënnert anerem zesumme mat Iech versiche Léisung ze fannen, fir Aarbecht ofzehuelen op där enger Säit, awer op där anerer Säit natierlech kënnen d'Veräiner ze ënnerstëtzen, virun allem déi kleng Veräiner, dass mer net rëm weider an deen negativen Trend do ginn, dass et ëmmer manner Veräiner hei zu Lëtzebuerg ginn.

Ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet. An dann hoffen ech, bis geschwënn.

Villmools merci.

***André Hartmann***:
Léif Delegéierten!

Säit deem ech d'Chance hunn, President vun der Lëtzebuerger Dëschtennisfederatioun ze sinn, huet sech villes geännert, an eisem Sport, an der Gesellschaft, jo och un den Ufuerderungen, déi un een gestallt ginn.

Eppes huet sech fir mech an all deene Joren awer net geännert, dat ass meng Passioun, meng Begeeschterung, mäin Engagement fir de Lëtzebuerger Dëschtennissport.

Ech si gär President vun esou enger grousser an enger erfollegräicher Federatioun, an ech wär gären, léif Delegéierten, wann Dir mir déi Geleeënheet gitt, weider Äre President.

Grad esou motivéiert an engagéiert wéi ech, sinn och meng aktuell an déi nei Kandidaten. Ech sinn houfreg, dass ech eng ganz flott an dynamesch Ekipp ronderëm mech hunn, mat deenen ech untrieden, fir d'Geschécker vun der Welt FLTT an enker Zesummenaarbecht mat Iech, léif Veräiner, weiderzeféieren. Dës Ekipp fir de Comité Directeur besteet aus néng Kandidaten, fir néng Posten. Erlaabt mir, dass ech Iech déi néng Kandidate virstellen, wou sech all Kandidat a Kandidatin duerch seng Kompetenz, seng Expertise, seng Erfarung a seng Disponibilitéit auszeechent.

Als Éischt bieden ech och meng Leit sech virzestellen, also eng Kéier opzestoen, respektiv ze weisen, de Romain Sahr kandidéiert fir de Poste vum Generalsekretär.

De Romain ass Member vum DT Lëntgen, vill Jore Member am CD a verschiddene Funktiounen, säit 2004 FLTT-Generalsekretär, Member an der Commission Sportive vum COSL, Member an der Commission des Programmes vun der INAPS, Member am Organisatiounskommittee vum WTT Youth Contender, LUXQF 5 Trainer, dat ass den alen A-Schäin.

Als nächsten kandidéiert de Camille Gonderinger fir de Poste vum Tresorier. De Camille ass Member vum DT Houwald, vill Jore Member am Comité Directeur, dovunner 16 Joren CT President, säit 2006 ass hien eppes wéi d'Informatiounsstell fir d'Veräiner a Saachen Reglementer, Tournoidirekter vum WTT Youth Contender déi lescht Wochen. 1996 bis 2013 war de Camille Tresorier vum europäeschen Dëschtennisverband. Vun 2001 bis 2006 war de Camille Member am COSL Verwaltungsrot.

Den nächsten bieden ech sech ze weisen, de Gilles Regener, kandidéiert fir de Poste vum President der Commission Sportive. De Gilles ass Member vum DT Mamer, säit 2020 President vun der Commission sportive, Member an der Commission Sportive säit 2008, Delegé an der Commission des Arbitres, an e war Member am Organisatiounskommitee vum WTT Youth Contender.

Als nächsten de Ralf Greis. De Ralf kandidéiert fir de Poste vum President vun der Commission Technique, hien ass Member vum DT Recken, säit 2022 President vun der Commission technique, Member an der Commission technique säit 2020 an de Ralf war Member am Organisatiounskommitee vum WTT Youth Contender.

Dann ass et den Henri Dieliessen.

Den Heng kandidéiert fir de Poste vum President vun der Commission des Cadres Fédéraux. Den Heng ass Member vum DT Houwald, säit 2008 President vun der Commission des Cadres Fédéraux, Member an der Kommissioun säit 1985, Member an der Commission des Programmes vun der INAPS, LUXQF 5 Trainer a Referent an der Trainerausbildung. Den Heng ass Delegé beim COSL, bei der ALAD, dat ass d'Antidoping Agence, beim LHIPS, dat ass den Luxembourg Institute for High Performance in Sports, am Sportlycée an am Centre de Formation.

De Charles Müller, kandidéiert fir de Poste vum President vun der Commission des Relations publiques. De Charel ass Member vum Dëschtennis Cado Lampertsbierg. An en ass fir d'éischt Kandidat fir e Posten am CD. Vun Formatioun ass de Charel Affekot, a mir fannen, datt et ganz wichteg an néideg ass, datt mer och e Jurist an eise Reien hunn, well hautdesdaags si vill Konventiounen a Gesetzer kompliźéiert, do brauche mer am Fong mol Hëllef vun engem Jurist. Dat wär dee richtege Mann. Vun 2000 bis 2004 war de Charel Member vun der Lëtzebuerger Nationalequipe. Dat ass ville vläicht heibannen net méi an Erënnerung. De Charel huet op enger Weltmeeschterschaft participéiert an e war op fënnef Jugendeuropameesterschaften.

Den nächste Kandidat, dee sech virstellt, ass de Philippe Moulin. De Philippe kandidéiert fir de Poste vum President vun der Commission de Promotion du Sport Pongiste, en ass Member vum Dëschtennis Lëntgen säit 2022 President vun der Commission du Sport Pongiste, Jugendkoordinator an FLTT-Honorartrainer säit 2018, Organisateur vu regional Léiergäng an Dëschtennispromotiounsaktiounen zënter 2022.

D’Corinne Bremer kandidéiert fir de Poste vum Member am CD. Corinne ass Member vum Dëschtennis Mamer an ass fir d'éischt Kandidat fir e Posten am CD. D'Corinne ass keen Onbekannten am Dëschtennis. Vun 1991 bis 1998 war d'Corinne Member vun der Lëtzebuerger Nationalekipp. Et huet participéiert op zwou Weltmeeschterschaften, enger Europameeschterschaft, véier Jugendeuropameescherschaften an enge Spiller vun de klenge Länner. Säit Joren ass d'Corinne en aktive Member bei Special Olympics. Et huet d’Goldmedail gewonnen am Unified Double bei de World Games zu Abu Dhabi 2021 an zu Berlin 2023 mat dem Danielle Jankevoy vum Dëschtennis Rued.

An ech selwer stelle mech kuerz vir. Ech si Member vum Dëschtennis Iechternach. Vun 1973 bis 1985 war ech Member vun der Lëtzebuerger Nationalekipp, säit 1998 FLTT President. Ech sinn den Delegéierte fir LASEP a LASEL. Ech sinn ee vun den Direktere vum Verwaltungsrot vum China Table Tennis College Europe. An ech sinn President gewierscht vum Organisatiounskommitee vum WTT Youth Contender.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Delegéierten, zesumme mat mengen aacht Kolleegen, sti mir fir eng modern, eng innovativ a besonnesch eng stabil FLTT. Dat Zil wëlle mir als Kollektiv am neie Comité Directeur erreechen duerch Erneierung an der Kontinuitéit.

Bei der Erneierung geet et ëm eng weider personell Verjéngung vum Comité Directeur, entre autre och ëm d'Aféierung vun neie Kommunikatiounsoutilen, ëm d'Relance vun de wéchentleche Regionaltraininger an ëm punktuell Upassungen vun de Statuten a Reglementer.

Mir wëllen an der Kontinuitéit schaffen, well den aktuelle Comité Directeur an de leschte Joren am enken Austausch mat de Veräiner nei Iddien a Virschléi ausgeschafft an ëmgesat huet, déi mir als Equipe weiderféiere wëllen a Richtung vun engem modernen, zukunftsorientéierten a weiderhin erfollegräiche Sportverband.

Ech sinn iwwerzeegt, datt mir den Dëschtennisverband op alle Positiounen am Comité Directeur optimal besetzen a leede wäerten an domat de gesellschaftlechen Optrag fir d'Promotioun vum Dëschtennis als Breedesport, Kompetitiounssport, Schoulsport, Integratiouns- an Inklusiounssport erfëlle wäerten.

Als Kandidat Président froen ech Iech, léif Delegéierte, stëmmt fir d'Kandidate vun der Equipe Hartmann, gitt jidderengem vun der Equipe Hartmann eng Stëmm fir e geschlossenen a gëeente Comité Directeur. All Stëmm zielt.

Ech soen Iech elo schonn Merci fir Äert Vertrauen. Merci.

Walen!

***André Hartmannn***: Sou, Dir Dammen an Dir Hären, en attendant d'Resultat vun de Wale fir de Comité Directeur, ech hat Iech virdru gefrot, datt mer awer verschidde Punkte kënnen evakuéieren. Dir hutt mat Applaus mir do am Fong Är Confiance ginn.

## 20. Verleihung von Ehrentiteln und der Verdienstabzeichen

***André Hartmannn***: Da géif ech wëllen als éischte Punkt huelen, de Punkt 20 Verleihung vun Erentitel an Verdienstabzeichen. Do ass jo ëmmer gefrot ginn, fir Veräiner, datt se solle verdéngschtvoll Membere mellen. Mir hunn zwou Meldunge kritt a vun enger weess ech, datt am Fong de Mike Bast net do ass vum DT Uewerdonwen.

Dat ass den Insigne en vermeil. Ech géif bieden, datt de Veräinsvertrieder heihinner kënnt, fir am Fong dem Mike säin Insigne matzehuelen. Fernand Demuth, Merci.

Deen zweete Meritant ass de Lorang Théo vu Kauneref fir den Insigne en argent.

Ass den Théo Lorang do? Soss kënnt e Vertrieder vum DT Kauneref.

Okay, da sollen se sech mellen. Ok, da kommen ech nach eng Kéier zeréck.

Sou, Dir hat matkritt, wou ech meng Ried gehal hunn, datt ech de Leit vum Comité Directeur Merci gesot hunn fir déi gutt Aarbecht, respektiv ech hunn zwee Leit besonnesch ervirgestrach, dat ass de Jean Marie Linster an de René Senninger, déi sech och net méi opgesat hunn fir an den nächste Comité Directeur. Jiddweree vun Iech kennt de Bip, jiddweree kennt de Ren, an et ass am Fong mol wierklech net erstaunlech, dach et ass erstaunlech wéi laang déi zwee, am Fong elo schonn fir den Dëschtennis geschafft hunn, an a wéi vill Kommissiounen, an a wéi vill Comité Directeuren si elo schonn derbäi sinn, an ech ginn dofir dem Romain Sahr elo d'Wuert, deen huet dat recherchéiert, dat

ass wierklech phänomenal, wat am Fong do derhannert stécht, deen Engagement fir den Dëschtennis. Rom.

***Romain Sahr***: Ech versichen da komplett, sou komplett wéi méiglech, ouni datt et ze laang ass, et ass wierklech eng riseg laang Lëscht vun Aufgaben, déi de Jean Marie Linster an de Senninger René am Laf vun hirer Karriär am Dëschtennisverband wierklech geschafft hunn. Ech fänken emol un domadder mat deem, wat se gemeinsam hunn. Si sinn also op jidde Fall allen zwee och vu Bech-Maacher komm, de Veräin, deen haut mat dem Scheierbierg zesummen ass, a si hunn am Arbitterberäich parallel Karriär gemaach. 1975 ware se allen zwee Arbitter vun der zweeter Klass, 1977/1978 sinn se Arbitter 1. Klass ginn, a vun 1978 ware se Arbitter internationaler a sinn haut allen zwee Arbitter international "White Badge".

Dat ass emol schonn ee vun hire Meritten, déi se och matenee verbënnt. De Ren ass ursprünglech vu Wellesteen komm, wou en 1964 ugefaangen huet, dunn bis 1979 zu Bech-Maacher, a vun 1979 un zu Réimech. Wat de Ren och nach auszeechent, dat ass, datt e ganz fréi net nëmmen Arbitter war, mee datt en och eng Lizenz als A-Trainer hat, an zwar scho vun 1975 un. An dann hunn se och nach allen zwee gemeinsam, datt se allen zwee eng Kéier eng Phas haten, wou se am CD immens vill geschafft hunn. Dat heescht, de Ren war vu 1976 bis 1983 siwe Joer laang am CD, gläichzäiteg och Member vun der Commission Sportive, an vun 1978 bis 1982 och President vun der Commission Sportive. E war scho 1975 och an der Commission sportive, a gläichzäiteg Delegéierte vun där Kommissioun an der CCF. An enger zweeter Phas waren an der Equipe vum Änder Hartmann, vun 2014 un President vun der Commission de Promotion des Sports Pongiste bis 2020 an duerno bis elo President vun der Commission des Relations Publiques.

Der Ren war och ëmmer nees zoustänneg fir d'Relatioune vun der FLTT zum Schoulsport a besonnesch zu den Aktivitéite vun der LASEP.

Ech mengen ech wier frou, wann Der dofir e richteg gudden Applaus kéint ginn.

Ech hoffen dann awer, datt de Ren eis erhale bleift, wéinstens als Arbitter, well mir brauchen deier och. An och soss, iwwerall wou e gebraucht gëtt, och beim WTT, hoffe mer, datt e weider mécht. Mee dat wäert den Änder och elo soen.

***André Hartmann***: Dat wollt ech soen, mir verabschiden se hei e bëssen aus dem Comité Directeur vun hiren Engagementer, mee awer ech menge mir brauche se och nach als Arbitter. An dofir soen ech elo scho Merci, mee ech weess, datt se awer och hir Pensioun a Fong solle genéissen, mee mir maachen awer elo nach en Gest, deen am Fong elo awer och hinnen zu Éiere kënnt, fir hir Meritten, déi si hunn, géife mir wëlle proposéieren dem Kongress, den Jean Marie Linster, fir d'éischt an de Comité d'Honneur vun der FLTT ze huelen. Fir datt de Jean Marie Linster an de Comité d'Honneur vun der FLTT opzehuelen, wann Der d'accord sidd, géif ech dat nach eng...

*De ganze Sall klappt.*

Jean Marie, komm mol eng Kéier heihinner, wannechglift.

***Romain Sahr***: Okay, Jean Marie Linster, en ass lizenzéiert zënter 1967 zu Bech-Maacher, déi jo dann 2023 mat zum Scheierbierg fusionéiert hunn. Och hien, ech hat et gesot, hat zwou Phasen. Déi eng war vun 1978 bis 1993. E war nu scho wärend 15 Joer am CD. E war och Vizepräsident vun der FLTT vu 1984 bis 1993.

En hat och Affinitéite ganz staark zur Commission Sportive, wou e wärend dräi Joer President war, e war och Trésorier adjoint, e war Koordinator vun den Organisatiounen, e war wärend onendleche Joren Delegéierte vum CD an der Commission des Arbitres, an och Mitglied an der Commission des Statuts et Règlements. Mä dat war nach nëmmen seng éischt Phas. Seng zwee Phas, wou en dann erëmkomm ass, dat war 1998, an war Mitglied am CD, vun 1998 bis haut, dat mécht der 26 Joer, zesumme mat der éischter Phas mécht dat 26 plus 15, kënnt der ausrechnen, 41 Joer. Genial! E war och du Vizepresident vun 1998 un, President vun der Commission Sportive, wärend 22 Joer erëm eng Kéier Delegéierten an der Commission des Arbitres, an de Bib, wann de Ren zoustänneg war fir d'Relatioune mam Schoulsport, an do si mer jo dann am Beräich vum Breedesport oder vum Gesondheetssport, da war de Bib zoustänneg fir d'Relatioune zu Special Olympics an zu Paralympics. An e war och bei alle groussen Organisatiounen derbäi, déi kennt Der elo schonn auswenneg, well de Camille, se hat senger Lëscht hat, Cinquantenaire, Jugend-Europameesterschaften 1989, EM 2017, Olympiaqualifikatioun, an esou weider. A seng Karriär, vum Arbitter hat ech schonn zesumme mam Rën senger gesot, an ech beenden dat dann och mat dem nämmlechte Sproch. Mir hoffen, datt de Rënn an de Bib eis allen zwee als Arbitter erhale bleiwen, an dat kann dann elo den Änder dann och nach eng Kéier widderhuelen.

***André Hartmann***: An ech mengen dem Rom seng Wierder an Éieren. Ech soen am Fong elo just, datt déi zwee wierklech vill Meritten hunn, fir de Lëtzebuerger Dëschtennis, an dofir bieden ech déi zwee heihinner.
An ech géif, ech hat ugefaang fir ze froen, fir den Jean Marie, respektiv virdrun, elo froen ech dann fir d'éischt awer nach eng Kéier formell fir de Jean Marie Linster an de Comité d'Honneur opzehuelen, dann nach eng Kéier e kräftegen Applaus, wann ech gelift.

Dat selwecht froen ech fir de René Senninger, wann der d'Accord sidd, mat engem kräftegen Applaus, huele mer de René Senninger op an den Comité d'Honneur. Ech bieden déi zwee heihinner ze kommen.

***René Senninger***: Ech wëll just zwee Sätz soen, wéi ech am CD ugefaangen hunn, ech weess de Joergang net méi, du war ech dee Jéngsten. An haut wéi ech ophalen, do war ech deen eelsten. Duerfir, time to say goodbye.

De Generalsekretär hat vergiess zwou Saachen ze ernimmen, déi ech och organiséiert hat, dat wëssen der heibannen net méi vill dovunner, dat heescht, zweemol e Bal fir d'FLTT. Den éischten, dat war an der Kellerei zu Wellesteen. An deen zweete war am Neiduerf. Leit, déi dovun eppes wëssen? Okay, da sinn déi bal esou al wéi ech. Merci.

***André Hartmann***: Sou, mir éieren nach een, deen am Fong geholl fir de Verband net direkt an enger Kommissioun ass oder an enger Comité Directeur ass, mee deen an de leschte Jore fir de Verband immens vill am technesche Beräich gehollef huet. A wéi der

och héieren hutt a menger Ried oder respektiv gelies hutt, sinn am Fong geholl nei Kommunikatiounsoutillen geschaf ginn. An dat mécht een net einfach esou, do muss ee schonn e bëssen Knowhow hunn, an deen hu mer mat dem Sibi, mat dem Claude Sibenaler, deen eis als Fotograf, mee awer och bei der Ausschaffung vun der Tournoisapp an och vun der IJM App am Fong ganz vill gehollef huet. An dat ass en Outil, dee mer och bei der IJM genotzt hunn. An deen mer och an dem WTT seng Preuve bruecht huet. An dat ass einfach onbezuelbar. Dofir soe mir op jidde Fall dem Claude Sibenaler e ganz, ganz grousse Merci. Claude, komm bis heihinner an da kriss de e klenge Kaddo. An d'Tournoiersapp och net ze vergiessen. Villmools merci.

Den Delegéierte vu Kaundref fir den Insigne en argent fir den Théo Lorang.

Als nächste géif mer wëllen de Punkt vun de Reglementsännerungen duerchgoen, an dofir géif ech de Camille bieden och eropzegoen, respektiv dat ze presentéieren, vläicht awer och mat den Urheber vun deene Veräiner, déi dat och kënne presentéieren.

Camille, et ass un där.

## 17. Änderung der Statuten und Reglemente

***Camille Gonderinger***: Ech géif do fir d'éischt d'Veräiner froen, dat war virun allem den Dëschtennis Beetebuerg-Peppeng, ob si eventuell déi Presentatioun wëlle selwer maachen. Et war hir original Iddi. Bon, mir hunn herno, wéi Der wësst, déi Saach loung schonn um leschte Reglementekongress vir. Mir haten et do zeréckgesat. Mir hunn duerno an zwou Aarbechtssitzungen mam Initiator, dem Dëschtennis Beetebuerg-Peppeng, a mer haten all deenen anere Veräiner, déi déi Saach mat ënnerschriwwen haten, souze mer zesummen, fir eis dann iwwert déi ganz Texter ze eenegen. Dat, wat Der elo virleien hutt, dat ass den Accord, deen dobäi erauskomm ass. D'Fro ass elo, wëll d'Beetebuerg-Peppeng dat selwer virstellen oder, Paul, wëlls du dat maachen oder soll ech et maachen? Soll ech et maachen?

Okay, gutt, da gitt mer eng Chance, da muss ech elo meng Notizen huelen.

Merci fir d'Vertraue vun deene Veräiner. Oder ee vun deenen anere Veräiner, wéi gesot, ech wëll mech hei net opdrängen, et ware jo eng ganz Zort Veräiner, ech nennen se mol eng Kéier, also dat war Beetebuerg Peppeng, Berbuerg, Diddeleng, Esch Abol, Miedernach, Rued, Zéisseng, Hueschtert-Folscht an Eiter-Waldbriedimus. Dat waren also all déi Veräiner, déi déi Saach do mat ënnerschriwwen haten. Et geet bei verschiddene Dénger ëm Reglementer, bei aneren och ëm Statuten. Do wou d'Statuten sinn, brauche mer also eng Zweedrëttelsmajoritéit. Do, wou d'Reglementer sinn, geet déi normal Majoritéit duer. Den éischte Virschlag, dat ass eng Ännerung um Niveau vun der Commission des Statuts et Règlements. Bis elo war et esou, dass déi Kommissioun bis elo eigentlech quasi nëmmen aus Leit bestanen huet, déi am Comité Directeur, an enger Geriichtinstanz oder an enger Kommissioun waren. D'Propositioun war, fir dat auszedeenen a fir dat e bësse méi universell ze maachen, fir dass do déi Commission des Statuts et Règlements, déi awer, des öftere muss Interpretatioune ginn, wa Saachen net

kloer sinn, dass däi sech also net méi esou zesummesetzen, dass de Comité Directeur d'Majoritéit huet, mee dass dat e bësse méi equilibréiert ass. An Dir gesitt elo d'Propositioun, déi ass esou, dass do eigentlech och nach zwee Leit solle vum Comité Directeur dra sinn, de Präsident an de Generalsekretär, déi sech awer kënne vertriede loossen duerch anerer, de Präsident vum Berufungsrot, de Präsident vum Verbandsgeriicht, de Präsident vun der Arbitterkommissioun, deen och scho virdrun dra war ouni Stëmmrecht. A wat ganz nei ass, dass och zwee Veräinsmemberen, also déi sech gemellt haten fir am Schlichtungsrot matzemaachen, dass déi och vu Fall zu Fall mat derbäi geholl ginn.

Dat ass also eng Ännerung, op déi mir eis eens gemaach hunn, wann do Froen dozou sinn, oder kënne mer do direkt zum Vott kommen? Si Froen dozou?

Dat schéngt net de Fall ze sinn, da géif ech Iech bieden mat der grénger Kaart ofzestëmmen, fir dann déi Propositioun unzehuelen.

Ass een dee sech do, deen do dergéint ass. Dat schéngt net de Fall ze sinn, ass een, dee se enthält. Nee och net, dann hätte mer do de Vott unanime.

Voilà, deen aneren Artikel, den hätte mer kënnen direkt mathuelen, bon, dat ass also keng grouss Saach, dat ass d'Upassung entspriechend vun deem, wat mer elo gesot hunn, vun de Kompetenzen vun der Commission des statuts et règlements, an dann ass et den Artikel 1.1.363, dat ass dann och, dass déi Kommissioun spéitstens fënnef Deeg, an net zéng Deeg, wann e Fall virläit, scho muss zesummegeruff ginn, an dass also sou wäit wéi méiglech déi Kommissioun ëmmer soll tagen, fir hir Decisiounen ze huelen. Kënne mer och déi Artikelen dann esou ofstëmmen driwwer, wéi nach domadder averstanen.

***Schiltz Paul***: Ech wollt just hei drop hiweisen, an ech hoffen, dass dat och esou do steet, dass d'Statutekommissioun net do ass fir d'Politik vum Verband ze kritiséieren. Wann de Verband, de Comité Directeur mengt, dass déi Propositiounen do an do sollen op de Kongress goen, aus deenen an deenen Ursaachen, da soll d'Statutekommissioun exklusiv kucken, ob dat am Aklang mat de besteeënde Reglementer ass, an ob et och funktionéiert. Awer net elo Diskussioune féieren, ob dat, wat de Comité Directeur mécht, Blödsinn ass oder net.

***Camille Gonderinger***: Ech mengen d'Einleitung dervun seet et schonn, déi d'CdSR ass zoustänneg fir déi obligatoresche Begutachtung. Also d'CdSR mëscht soss näischt wéi eng Begutachtung, dat heescht en Avis ofzeginn, mee ech mengen, dass et kloer genuch ass, oder wann se et selbst méi kloer hunn, da kann een et anescht formuléieren, mee ech mengen, dass et kloer genuch ass, dass déi also just en Envie mécht, eng Begutachtung mëscht, datt de Comité Directeur duerfir awer nach ëmmer selbstverständlech e Prärogativ behält, fir Propositiounen un de Kongress ze maachen. Dat ass och am Prinzip net geännert, also et ass esou wéi et och op dem alen Text war.

Okay. Ass dat an der Réi Paul?

***Schiltz Paul***: Jo.

Jo, okay, merci. Da kënne mer dann offiziell de Vott maachen, fir déi zwee Artikelen, also den 1.1.362 a gläichzäiteg dann och den 1.1.363. Gréng fir déi, déi d'accord sinn. Ass do een dergéint?

Weist rout deen Ament natierlech, dat ass net de Fall. Ass een, dee sech enthält, wäiss Kaart. Nee, ass och net de Fall. Dann ass dat alles unanime ugeholl. Merci.

Dann ass déi zweet Propositioun, déi betrëfft haaptsächlech de Referendum, wou mer eis och net ganz eens waren deemools, wéi een dat sollt maachen, och do hu mer driwwer diskutéiert, ech ginn elo net an den Detail, well mer eis jo iwwert alles eens gi sinn, mir kënnen awer roueg  Froe stellen, et ass also sou dass hei festgeluecht gëtt, eendeiteg, wéi esou e Referendum duerchgefouert gëtt. Fréier stoungen d'Bedéngungen dovunner och an engem internen Reglement, fir där ganzer Saach elo nach méi Pois ze ginn, an dat méi formell ze maachen, hu mer dat ganzt internt Reglement opgeléist an déi Dispositiounen och hei an d'Reglement selwer mat integréiert, soudatt also och net de Comité Directeur dat kann nach Gutdünken änneren, mee dass all Kéier Dir als Kongress musst driwwer befannen a musst driwwer decidéieren, wann do eppes soll drun geännert ginn.
Wéi gesot, et gëtt an där Prozedur, et gëtt et eigentlech zwou Saachen, dat engt ass e komplette Referendum, wann et e Problem ass, wou jidderee betraff ass oder wou et allgemeng eisen Dëschtennis oder eis Situatioun betrëfft, dann ass natierlech jidderee vun Iech, et gëtt um Referendum bedeelegt, dat kritt Matsproocherecht a Stëmmrecht, et gëtt awer och virgesinn, well heiansdo Saache virkommen, déi einfach nëmmen eng limitéiert Zuel vu Veräiner betreffen. Ech erënneren Iech un ee Fall, wou mer just eng Situatioun d'lescht Joer haten an der Audi League, wou nëmme véier Veräiner betraff waren, do hätt et kee grousse Sënn gemaach, fir déi 75 Veräiner unzeschreiwen, deenen et souwisou egal war, wéi de Problem geléist ginn ass. Do kann also an esou engem Fall ee Referendum per eingeschränkter Abstimmung, wéi et hei heescht, kann duerchgefouert ginn, mee esou ee Referendum, dee huet natierlech ëmmer nëmme just Wierkung fir déi Saison, wou e geholl gëtt, an dee huet keng Auswierkungen doriwwer eraus, ausser déi vun dem nächste Kongress, da vun Iech alleguerten zesummen ënner normaler Reglementeform géife confirméiert ginn oder géifen do approuvéiert ginn. Voilà. D'Prozedur, wéi gesot, dovunner, da ginn ech net an den Detail, déi ass, hutt Der alleguer am Bio gelies oder och net, déi ass jiddefalls elo... net grondleeënd geännert. Dat ass esou wéi mer et ëmmer maachen. Dir gitt ugeschriwwen, där gitt äre Vote of, dat gëtt ausgezielt, dat gëtt publizéiert, an dann ass et dat. Mee dat steet dann elo, wéi gesot, am Reglement an net méi an de Statuten.
Wéi gesot, dat wier dann elo alles zesummen, dee Pak vum Referendum, dat ass de Vorschlag 2, wéi Der en am Bio hat, dat ass den Artikel 5.34  vun de Statuten, dee musse mer eenzel ofstëmmen, well do brauche mer d'Zweedrëttelsmajoritéit, déi aner zwee sinn Artikelen aus den Reglementer, do geet d'Normaalmajoritéit duer. Fir d'éischt géif ech dann zum Vott stellen den Artikel 5.34 vun de Statuten. Wien ass domadder d'accord mat där Ännerung? D'Gréng Kaarten. Voilà, ech brauche emol net ze zielen, dat ass eng

kloer Zweedrëttelmajoritéit. Ass een do dergéint? Mat der rouder Kaart. Dat schéngt och net de Fall ze sinn. Ass een, dee sech enthält? Ass och net de Fall, da wier dat och unanime ugeholl.

An dann hu mer déi zwee Artikelen, den Artikel 1.1.312 an den Artikel 1.1.313, déi also déi ganz Prozedur reegelen, déi also um Niveau vun de Reglementer stinn. Wien ass, domadder d'accord? Da weist mer mam wannechglift déi gréng Kaart. Wien ass do dergéint? Ass och keen dergéint, ass een dee sech enthält, dat ass och net de Fall, da sinn déi zwee Reglementer och unanime ugeholl.

An da war eng drëtt Problematik, déi do opstoe bliwwe war, dat war d'Geschicht vun dem Oftriede vu senge Rechter u sengem Bild an u sengem Toun. Dat ass eng ganz wichteg Saach, déi bei eis de Moment nach net esou wichteg ass, déi awer ëmmer méi Wichtegkeet kritt.

Do waren och déi Veräiner, déi dat heiten era ginn hunn, déi haten do e bëssen eng aner Vue, wéi mir se deemools als Comité Directeur haten, déi awer net ganz wäit ausernee loung, an och do si mer eis eens ginn, fir déi Texter esou ze formuléieren, dass jidderee sech doranner erëmfonnt huet. Wéi gesot, déi Texter, déi hu scho bestanen, déi ginn also lo just entspriechend ugepasst, fir dass dat alles kloer ass. Generell gëllt d'Reegel, dass een also iwwerall, wann ee sech am ëffentleche Raum, wéi ee esou schéi seet, am Rahmen vun engem Dëschtennis Event befënnt, dann kann ee fotograféiert ginn, an da kann een och am Toun opgeholl ginn.

Do huet een also net d'Matsproocherecht, fir dat net ze erlaben. Et sief, wéi gesot, dass een, deen do beleidegt gëtt oder sech iergendwéi attackéiert fillt, dann huet en ëmmer d'Recht fir duerno ze froen, dass en Journalist oder soss een, de Fotoen oder Opname mécht, dass en dat kann läschen. Dat Ganzt ass also och vum Text hier bësse méi positiv formuléiert. Virdru war et éischter an enger negativer Form formuléiert, mee grondleeënd, wéi gesot, ass den Text esou bliwwe wéi et war, mat deem Prinzip, wéi ech en elo genannt hunn, dass et also generell esou ass, dass een, soulaang wéi een sech op enger Platz befënnt déi ëffentlech ass, dass een do kann fotograféiert ginn, dass een do kann am Toun opgeholl ginn, dass et awer net gëllt, wéi zum Beispill, dass een net kann an d'Vitiaire goen, dass een net kann an d'Buvette goen, an d'Sanitäranlagen, an Duschen an esou weider, selbstverständlech ass dat net erlaabt fir keen, fir do Fotoen ze huelen an déi Fotoen herno ze publizéieren. Dat ass ganz kloer, dass dat hei alles ausgeschloss.

Voilà, et ass e bëssen de Resumé dozou. Sinn dozou Froen, et ass e ganz wichtege Sujet, wéi gesot, deen awer elo net ganz nei ass, deen huet scho virdru bestanen. Mir hunn also do zesumme mat deene Veräiner just an deem Sënn ugepasst, dass en elo méi däitlech ass, vill besser formuléiert ass, dat war also gutt, dass d'Veräiner do déi Propositioune gemaach hunn. Op jidde Fall wéi den Text elo ass, ass en a mengen Ae wierklech gutt. En ass och gepréift gi vu Maître Marc Theisen, dee, mengen ech kann ee soen, mengen ech ouni ze iwwerdreiwen an Europa, wat d'Sportsrecht a Sportsdispositiounen ugeet, ee vun dee gréissten Experten, wann net dee gréissten Expert ass, deen eis och confirméiert huet, dass mer total an der Rei leien, mat deem do Text, wat d'IOC Bestëmmungen ugeet. An d'ITTF huet och d'IOC Bestëmmungen iwwerholl, sou dass mer also an där Hinsicht konform sinn, mat deenen Dispositioune vun den allerhéchste Sportsgremien.

Froen dozou, Commentairen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da musse mer och hei zwee Vote maachen. Vu dass dat éischt e Statut ass, den Artikel 4.15, wou mer also, wéi gesot, d'Zweedrëttel Majoritéit brauchen. Si der mat deem Artikel 4.15 d'accord sou? Dir hutt d'Kaarten mir séier gewisen, wéi ech gefrot hunn, jiddefalls villmools Merci. Ass een dergéint? Ass net de Fall. Ass een, deen sech enthält? Formal musse mer dat jo maachen, ass och net de Fall. Dann ass deen och unanime ugeholl.

An dann hu mer den Reglementsartikel, 5.1.160. den op dem Statut baséiert. Sidd der och mat deem d'accord? Jo. Merci. Ass een dergéint? Neen, ass een den sech enthält, ass och net de Fall, dann hu mer och do Unanimitéit, Merci dann och duerfir.

An da si mer scho bal der duerch, dann hu mer nach déi zwou lescht Propositiounen, dat eent ass d'Veräffentlechung vun de Kongressbeschlüsse a -berichter. Mir hunn des öftere vun eenzelne vun Iech reprochéiert kritt, net zu Onrecht, dass heiansdo déi Berichter vum Kongress ze spéit publizéiert gi sinn, wou scho bal kee méi wousst, wat iwwerhaapt deemools um Kongress lass war. Mir hunn dat also elo e bëssen an zwee gedeelt a gesot, voilà, dass d'Decisiounen, déi geholl ginn um Kongress d'Decisiounen, net déi ganz Diskussiounen an net déi ganz Opnam vum Tounband, dee jo hei matleeft, mee dass d'Decisiounen innerhalb vun zwee Méint mussen publizéiert ginn. An dass de Bericht dann deen Ament kann e bësse méi spéit publizéiert ginn, ouni dass déi zwee Méint mussen agehale ginn. Dat geet duer, wann dat zwee Méint virun dem nächste Kongress ass, wou en dann approuvéiert gëtt. Dat hu mer och beim leschte Reglementekongress schonn esou praktizéiert. Mir hunn och do positiv Echoe kritt, sou datt dat doten och keen Problem dann dierft duerstellen. Ass do e Kommentar oder eng Fro derzou? Ass och net de Fall, da géif ech Iech bieden, wann der d'accord sidd, déi gréng Kaart ze weisen. Okay, an wien ass do dergéint? Keng rout Kaart. Ass een den sech enthält, dann wäiss Kaart. Ass och net de Fall, dann hu mer och do Unanimitéit, Merci och duerfir.

An dann hu mer dee leschte Fall, also Virschlag, dann hu mer schonn alles duerch, dat ass d'Geschicht, vun der Frist wéini datt ee kann eng Propositioun un de Kongress areechen. Dat war bis elo net ganz däitlech formuléiert, also och dat hu mer also versicht elo e bësse méi däitlech ze maachen, andeems gesot ass, dass den Termin vun engem Kongress, virun allem de Reglementekongress, de Veräiner muss bekannt sinn, dat war an der Vergaangenheet, ass dat heiansdo ze vill kuerzfristeg gewiescht, wat zwou Ursaachen hat, mir hu missen ee Sall fannen, an esou weider, dat soll awer just eng Erklärung, awer keng Entschëllegung sinn, dass also an Zukunft muss mindestens dräi Méint am Viraus de Kongress och bekannt sinn. An da geet et och mat deene Fristen, déi dir hutt fir Propositiounen anzereechen, da geet dat duer, dann hutt dir Zäit fir eng Propositioun ze maachen, de Comité Directeur huet duerno ausräichend Zäit, fir déi Propositioun ze analyséieren, fir mat Iech Veräiner gegeebenefalls an Diskussiounen anzetrieden, fir eng Ännerung ze maachen, fir mat deenen dräi Méint, déi mer elo do zur Verfügung hunn, dat ass eng vernünfteg an appropriéiert Zäit, dass een esou e Prozess kann och propper an a Kooperatioun mat Iech, kann dann deen Ament duerchzéien.

Froen dozou? Ass net de Fall. Da géif ech och do ëm de Vott bieden, dat ass an en Statutenartikel. Also musse mer och hei zwee Drëttel Majoritéit hunn. Dat wär jo kee Problem, well Dir weist esou vill Fanger, dass dat an der Rei ass. Merci. Ass een, deen dergéint ass. Net de Fall. Ass een, deen ech enthält, mat der wäisser Kaart, dat ass och net de Fall, dann ass och deen Artikel unanime ugeholl, an da sinn domadder all déi Propositiounen, déi d'Veräiner ausgeschafft haten, a wou mir dann als Comité Directeur mat dru gefeilt hunn, fir déi definitiv Versioun ze kréien, sou ugeholl. Am Numm vun de Veräiner, am Numm vum Comité Directeur, Merci Iech, datt der hei sou kooperativ matgeschafft hutt. Merci.

***André Hartmann***: Merci, Camille, fir déi Presentatioun vun den Ofännerungen.

***Roland Altmann***: Sou, ech hat Iech jo versprach mir géifen nom éischten Tour Iech soe wéi en ausgaangen ass.
Wéi de Verbandspresident, Hartmann André, 38 Stëmmen, Kill Christian, 26 Stëmmen, keng blank ongülteg, et ginn der 64. Domat ass Hartmann André gewielt.

Zweet Generalsekretär Cattazzo Andy, 32, Sahr Romain, 30, zwee blank ongülteg. Domat musse mer en zweeten Tour maachen.

Drëtt Finanzwaart Gonderinger Camille 41, Lance Bruno 22, een ongülteg. Domat ass Gonderinger Camille gewielt.

Präsident vun der Commission Sportive, Regener Gilles, Mamer 34 Stëmmen. Witgen Pit Hueschtert-Folscht 29, eng ongülteg. Domat ass Regener Gilles gewielt.

Präsident vun der Commission Technique, Greis Ralf 41, Schmol Steve 23, keng blank oder ongülteg. Domat ass Greis Ralf gewielt.

Präsident vun der Commission des Cadres Fédéraux, Breser Pol, 38, Dieliessen Henri 25, eng blank ongülteg. Domat ass Breser Pol gewielt.

Präsident vun der Commission des Relations Publiques, Miny Anouk, 28, Müller Charel, 34. Domat ass de Müller Charel gewielt.

Präsident vun der Commission de Promotion du Sport Pongiste, Hansen Patrick, 26, Moulin Philippe, 37, eng ongülteg. Domat ass d'Moulin Philippe gewielt.

A Member, Bremer Corinne, 37, Schmitt Maurice, 26, eng blank ongülteg. Domat ass d'Bremer Corinne gewielt.

Also maache mer en zweeten Tour fir de Generalsekretär. Kann d'Sekretariat, wannechglift, d'Ziedlen ausdeelen? Merci.

Sou, zweeten Tour ass och ausgezielt.

An do hu mer, en ex-aequo. Cattazzo Andy 31, Sahr Romain 31, 2 ongülteg. Ginn der zesumme 64 Stëmmen.

Laut onsere Statute muss dann d'Lous entscheeden.

Mir hunn déi Nimm hei op Ziedelen. An da bieden ech den Alain, Member vum Walkommitee heihinner, datt hien deen Ziedel zitt, ween dann neie Generalsekretär gëtt.

Cattazzo Andy.

Ech kontrolléieren nach, ob de Romain och dra war. Jo.

Okay, domadder ass d'Missioun vum Walbüro eriwwer. Ech soen Iech Merci.

***André Hartmann***: Okay, d'Wale sinn eriwwer. Ech soe fir d'éischt Mol dem Walbüro e ganz, ganz grousse Merci an och dem Sekretariat fir den techneschen Oflaf.

Et ass eng Situatioun, wéi mer se nach ni haten. Mir hunn elo en neie Comité Directeur, deen hei virun iech steet. Ech sinn de President. Ech soen am Numm vun allen eise Kandidaten Merci fir d'Vertrauen. Ech soen am Fong dann alle Veräiner Merci, sou wéi se gewielt hunn. Dat akzeptéiere mer. Mir hunn en nächste Comité Directeur e Mëttwoch, wou mer dann am Detail schwätzen, wéi et weidergeet. Mir hunn nach e puer Saachen op dem Ordre du jour stoen. An ech géif do als éischte Punkt kucken...

## 16.2 Verbandsgericht

Et ass d'Wal vum Verbandsgeriicht, vum Beruffungsrot a vun de Keesserevisoren.

Am Verbandsgeriicht, do sinn fënnef Posten ze besetzen, austriedend an nees wiederwielbar, wa se hir Kandidatur gemellt hunn, ass Engel Laurent, Herschbach Tom a Koehler Luc. Mir hunn do dräi Kandidaturen, also brauch mer do och net laang ze wielen. Mat Applaus ginn déi dräi ugeholl, Engel Laurent, Herschbach Tom a Koehler Luc.

*De ganze Sall klappt.*

## 16.3 Berufungsrat

De Beruffungsrot, do hu mer dräi Posten ze besetzen, do ass Austriedender nees wiederwielbar, wann d'Kandidatur virläit, Fickinger Alain a Stebens Claude.

Ass dat esou? Sidd der domadder d'accord?

*De ganze Sall klappt.*

## 16.4 Kassenrevisoren

Keesserevisoren dräi Posten ze besetzen, austrieden an nees ze wielen, wann hir Kandidatur virläit. Diderrich Jeannot, Mousel Guilly, Reiser Guy.

Sidd der domadder d'accord?

*De ganze Sall klappt.*

Nächste Punkt.

## 16.5 Ordentlicher Kongress 2025

Den ordentleche Kongress 2025, do huet just e Veräin sech gemellt, dat ass den Dëschtennis Gréiwemaacher. Wëllt den Dëschtennis Gréiwemaacher nach eppes soen?

Jo. - Okay.
Vertreter DT Grevenmacher: Villmools Merci fir das Wort. Ich bin der Sekretär vom DT Grevenmacher und wir haben uns angeboten für das nächste Jahr den Kongress auszurichten. Wir feiern dieses Jahr unser 60-jähriges Bestehen und haben uns dann im Organisationskomitee überlegt, das wäre eine tolle Gelegenheit, den Verein oder den Tischtennis in Grevenmacher zu präsentieren nächstes Jahr. Unser neues „Centre Culturel" wird dieses Jahr fertiggestellt im Sommer und es wäre natürlich nochmal eine super Gelegenheit da den Kongress abzuhalten. Die Gemeinde unterstützt das. Die Bürgermeisterin ist in unserem Organisationskomitee für die Feierlichkeiten und steht hinter uns. Und wir würden uns freuen euch bei uns zu begrüßen und mit euch den Patt anzustoßen.

*De ganze Sall klappt.*

***André Hartmann***: Domadder ass de Kongress nächst Joer ze Gréiwemaacher.

## Reglementekongress 2024

De Reglementekongress war ausgeschriwwen. Do huet den Dëschtennis Zéisseng sech gemellt. Wëllt Zéisseng seng Kandidatur präsentéieren? Nee. Also et ass e Kandidat unique. Also mat Applaus ass de Kongress zu Zéisseng.

*De ganze Sall klappt.*

## 18. Genehmigung des Haushaltsplans 2024

Dann hu mer als nächste Punkt um Ordre du jour, deen nach opsteet, Geneemegung vum Haushaltsplan 2024, de Budget 2024. Ech ginn dem Camille d'Wuert fir d'Präsentatioun vum Budget.

***Camille Gonderinger***: Gutt, als Einleitung , mir hunn déi zwee nei Kolleegen am CD gefrot, si sinn also d'accord, vu datt si jo net derbäi ware wéi mer de Budget ausgeschafft hunn, dass mer de Budget awer esou präsentéieren, wéi deen ale Comité Directeur e

festgehalen hat a wéi e jo och publizéiert ginn ass a wéi en an ären Dokumenter dran ass. Dat ass also dee Budget, dee mer iergendwéi elo hei virstellen a fir dee mer duerno ären Accord froen, fir deen approuvéiert ze kréien. Oder och net, dann hu mer e Problem.
Voilà, do ass also dee Projet de Budget fir d'Joer 2024, wat also elo schonn deelweis jo leeft. Et ass also esou, dass mer natierlech deene Saachen, all déi mer kennen, esou wäit wéi méiglech, Rechnung gedroen hunn, fir dat och am Budget dann säin Néierschlag ze ginn. Och hei, déi Posten, déi plus ou moins invariabel, also net änneren, ginn ech elo net am Detail drop an. Virun allem déi, déi giel markéiert sinn, dat sinn also déi, wou Ännerunge sinn oder wou Ännerunge par rapport zum Joer virdrun stattfonnt hunn, déi eventuell mussen erwäänt ginn. Dat eent, dat ass eis Administration générale, dat sinn haaptsächlech Personalkäschten, dat sinn och d'Indemnitéiten, déi mir als Dirigent bénévole kréien, déi sinn zwar nëmme ganz kleng an deem Betrag do, mee et mécht awer eppes Klenges aus, fir wat en also liicht eropgeet, ass einfach do duerch bedéngt, dass och dëst Joer jo ugekënnegt, dass, oder fir d'éischt Mol hu mer den leschten Effet vun den Indextranchen vum leschte Joer, dee sech dëst Joer eréischt ganz auswierkt, well eng Indextranche, déi méi spéit am Joer erfält, déi wierkt sich eréischt nächst Joer mat hiren 2,5% aus, an da kënnt se och nach en Deel vun enger neier dëst Joer derbäi. Dat sinn also virun allem déi Ännerungen, déi do ufalen.

Also mir si bei den „operations diverses“, wat fält do drënner? Do sinn haaptsächlech déi Saachen, déi Iech betreffen, also all déi Einnahmen, déi mer vun Iech Veräiner kréien, plus d'Sponsoring. An do gesitt Der kritt dee Montant ongeféier erëm vun den 100.000, dee sech wier do gewisen hat. Dat ass plus ou moins de Beitrag, deen dir Veräiner zu dem Budget vun der Federatioun leescht. Sorry, dat mat den Indextranchen, hätt ech mussen hei erzielen, a net bei der Recette, bei der Recetten ass d'Variatioun net esou grouss. D'Variatioun ass haaptsächlech grouss um Niveau selbstverständlech vun den Depensen, wou déi Indextranchen vum leschte Joer plus déi vun dësem Joer, plus natierlech déi normal Gehaltserhéijungen, déi eis Employéen an hire Kontrakter stoen hunn, wou déi alleguerten zesummen dat doten ausmaachen.

Dann hu mer d'activité cadres, an ech hat virdrun iwwert dee Montant, iwwert deen héije Montant geschwat do, an Iech dunn och erkläert an eisem Resultat vun 2023, dass dat bedéngt war duerch déi grouss Run for Paris oder Race for Paris, wéi et och ëmmer heescht, déi vill WTT Tournoien, déi eis Spiller hu musse spillen. Dat ass och elo de Moment nach ëmmer de Fall. Och elo sinn se nach op grousser Tour. Dat wäert jo och nach déi nächst zwou dräi Wochen, nach esou bleiwen. An dann iergendwou ass am Juni déi definitiv Deadline, wou d'Kandidate fir Paräis dann opgrond vun der Weltranglëscht selektionéiert ginn. An duerno wäert dat Ganzt sech dann ofbauen, soudatt mer also an der zweeter Hallschent vum Joer sécherlech do manner Depensë wäerten hunn. A mer mussen der och manner hunn, well soss kréie mer de Budget iergendwéi net hin. Do musse mer also schonn elo bësse zeréckschrauwen, wann déi Decisioune fir Paräis gefall sinn, egal ob se positiv oder negativ dann sinn. Alles an allen zesummen, wéi gesot, proposéiere mir eis dëst Joer schonn e Budget, dee bësse méi sozial ausgesäit wéi dee vum leschte Joer. En ass awer nach ëmmer negativ. Mir hunn alles zesumme gespuert, soen ech emol, wat ze spuere war. Mir hunn emol Depensen, Paie virun allem, där mir

siwen all Mount ze bezuelen hunn, wéi ech et scho virdru gesot hat. Déi kritt een net zesumme gestrafft. Mir wëllen eis Personal, wat gutt schafft, jo och gutt bezuelen. Soudass mer also am Endeffekt Iech proposéieren, e Budget ze approuvéieren, mat 36.000 Euro Defizit. Ëmmer, wéi gesot, an der Hoffnung, dass mer dann um nächst Joer op dëser Plaz, da kënnen awer e Resultat presentéieren, wat hoffentlech licht besser ass. Versprieche kann ech Iech dat net, do sinn ëmmer Saachen, déi am Laf vum Joer änneren, wou een elo net weess. Voilà, dat ass d'Proposition de Budget, déi mer Iech maachen, wou mer dann, wou ech dann dem Präsident awer selwer ofstëmme loossen, ob der eis dee Budget do esou approuvéiert, fir dann dëst Joer iwwer d'Ronnen esou ze kommen, mat engem, mengen ech, bei engem Ëmsaz vun 1.200.000 oder bal 1.300.000 Euro, si 36.000 Euro lo net d'Welt. Jidderee privat wier frou, wann en se am Portefeuille hätt, mee ech mengen, dass dat doten awer eppes ass, wou ee kann domat liewen. Mee dir sidd déi, déi d'Decisioun huelen, ob der d'Accord sidd domadder oder net. Solle mer dann zum Vott kommen, sinn do Froen derzou vun ärer Säit, ass eppes net kloer, oder wëllt nach een do méi Detailinformatiounen hunn?

Dat schéngt net de Fall ze sinn, da géif ech de Präsident bieden de Vott doriwwer duerchzezéien.

***André Hartmann***: Wien ass mat deem Budget d'accord? Dee weist déi gréng Kaart.

Wien ass dergéint? - Wien enthält sech?

Da wär den unanime ugeholl. Merci.

*De ganze Sall klappt.*

## 19. Anträge, Vorschläge, Interpellationen, Anfragen der Vereine und des Verbandes

Wat nach opsteet ass de Punkt 19 Anträge, Vorschläge, Interpellationen, Anfragen der Vereine und des Verbandes. Do läit näischt Schrëftleches vir.

## 21. Freie Aussprache

Ech géif da nach freie Aussprache gesinn, ass do nach eng Fro vun de Veräiner?

Dat ass net de Fall.

## 22. Schlussansprache des Verbandspräsidenten

***André Hartmann:*** Ech verzichten op meng Schlussansprache. Ech soen Iech alleguerte Merci, an ech wënschen Iech nach e schéinen Owend. Merci.

***Divo Marvin:*** D'Gemeng hat vergiess ze erwänen, dass mer Iech selbstverständlech hei op en Éierewäin invitéieren. Kommt roueg heihinner an drénkt nach e Patt mat eis.

Merci.